

# MAACHER STROOSSENNIMM AN HIER BEDEITUNG

Vun der A(h)lkörrech iwwer d’Kofferschmattsgässel bis an den Zéilewee  
zesummegehallt am November 2022 vum Monique Hermes, Kulturschäffin



Den Urkadasterplang vun 1824, nogezeechent vum Jos. Hurt.  
(Gemengenarchiv Gréiwemaacher)

Route Nationale 1 .....	3	Kofferschmattgässel .....	20
Op der A(h)lkërrech .....	3	Rue Kummert .....	20
Sous l'Arc .....	3	Kurzacht .....	21
Cité (d') Aubière .....	4	Kuschegässel .....	21
Badensgässel .....	4	An de Längten .....	21
Rue des Bateliers - Stued .....	4	Leitschbach .....	21
Rue Adolphe Berens .....	6	In der Loch .....	22
Place du Marché aux Bestiaux – Schweinsmoart .....	6	Rue de Luxembourg .....	22
Rue Boland .....	7	Luxensee .....	22
Bourgsgässel .....	8	Route (Rue) de Machtum .....	22
Boussegässel .....	8	Rue de Manternach .....	22
Rue Victor Braun .....	8	Place du Marché .....	23
Impasse Camping .....	8	Mathessegässel .....	24
Rue Ste-Catherine .....	8	An der Mill .....	24
Rue des Caves .....	9	Rue de la Moselle .....	24
Rue du Centenaire .....	10	Rue de Muenschecker .....	24
Courtsgässel .....	10	Rue Neuve .....	25
Dietzegässel .....	10	Oischtgesgässel .....	25
Dupontsgässel .....	10	Rue Pierre d'Osbourg .....	25
Rue de l'École .....	11	Am Paradäis .....	26
Rue de l'Église .....	11	Passage .....	26
Rue Paul Faber .....	11	Rue Pietert .....	26
Rue de Flaxweiler .....	12	Rue du Pont .....	26
Rue des Fleurs .....	12	Rue de la Poste .....	27
Op Flohr .....	12	Postlooch .....	28
Fossé des Tanneurs .....	12	Potaschberg .....	28
Rue des Foyers .....	13	Rue Victor Prost .....	28
Rue des Franciscaines .....	13	De Prosteneck .....	29
Rue Anne Frank .....	13	Beim Ale Quai .....	30
Fuppessegässel .....	14	Quartier .....	30
Rue de la Gare .....	14	Réimerwee .....	30
An der Gewan .....	14	Rue des Remparts .....	30
Gilgesgässel .....	15	Schaackegässel .....	31
Grand-Rue .....	15	Schaffmill .....	31
Grueweréck .....	15	Schiltzenplatz .....	32
Op der Heckmill .....	16	Rue Mathias Schou .....	34
Avenue Prince Henri .....	16	Rue Frantz Seimetz .....	35
Rue Hiel .....	17	Rue du Stade .....	35
Rue de l'Hôpital .....	17	Rue Syr .....	36
Passage de l'Hôtel de Ville .....	17	Rue des Tanneurs .....	36
Rue Joseph Hurt .....	17	Rue de Thionville .....	36
Hurysgässel .....	18	Rue des Tisserands .....	37
Rue des Jardins .....	18	Rue de la Tour .....	37
Kahlenberg .....	18	Rue de Trèves .....	38
Keiffeschgässel .....	18	Rue Jean-Pierre Urwald .....	38
Hanner der Kërrech .....	19	Rue des Vignes .....	39
Kiischtebiery .....	19	Route du Vin .....	39
Kinnebësch .....	19	Rue de Wecker .....	39
Klingenbergsgässel .....	19	Im Wei(h)er .....	40
		Zéilewee .....	40

## Route Nationale 1

---

**D'RN1 verbënnt Maacher (nom Ka(h)le-bierg – Kahlenberg) mat der Maacher Knupp (Potaschbierg) an doriwwer er-aus mat der A1 a Richtung Tréier a Lët-zebuerg, resp. mat dem Kreesverkéier am Weckergronn a weider.**

## Op der A(h)lkërrech

---

**De fréiere Flouernumm an der regio-naler Industriezon Potaschbierg gouf zum Stroossennumm an der Gemeen-gerotssëtzung vum 11. August 1995. D'Strooss geet vum Kreesverkéier um Potaschbierg aus an d'Industriezon.**

- Dës Strooss erënnert drun, datt Maacher eegentlech um Bierg, an net am Dall, entstan ass.
- Den Anton Wagner (1) schreift zu deem Numm: „Aalkirch. Dort stand lange eine Kirche, die die ersten Bewohner der Gegend gebaut hatten und die später Aalkierch hieß.“ Dat ass also d'Erklärung vum Numm.
- Beim Philippe Knaff (2) heescht et: „Auf dem Gebiete der Stadt Grevenmacher selbst befinden sich noch Spuren römischer Niederlassungen an den Orten „Altkirch“, wo vermutlich, nach dem Namen zu urteilen, ein Tempel mit Zubehör errichtet war, (...)“.
- Och beim Philippe Knaff (3) liese mer: „Wenn man von Grevenmacher aus der Heerstraße nach Luxemburg etwa  $\frac{3}{4}$  Meile weit folgt, so kömmt

man an ein Feld, welches bei den Landleuten gewöhnlich „alte Kirche“ genannt wird. Es befindet sich einige Schritte von der genannten Strasse und in geringer Entfernung rechts von der nach Metz führenden römischen Militärstraße. Hier soll in uralten Zeiten der Sage nach ein Dorf gestanden haben; man grub daselbst zu verschiedenen Zeiten Reste von Mauerwerk aus, und findet noch jetzt eine nicht unbedeutende Zahl römischer Ziegel, theils in Feldern zerstreut, theils mit Bausteinen untermengt auf Haufen umherliegen; ohne Zweifel standen einst römische Gebäude an der Stelle.“

## Sous l'Arc

---

**De Passage sous l'Arc verbënnt d'Lët-zebuenger Strooss (rue de Luxembourg) mam Kummert (rue Kummert) a krut wahrscheinlech 1929 e Stroos-seschëld, nodeems den deemolege Verschéinerungsveräin sech dofir agesat hat. (4)**

- De Passage heescht am Volleksmond „Ënner dem Buejem“ an hätt fréier « Passage du Cimetière » geheescht. (5)
- Beim Emile Erpelding (6) heescht et betr. d'„rue sous l'Arc“: „Es fragt sich nun, weshalb dieser Überbau über die Durchfahrt sous l'Arc vorgenommen wurde. Sollte hier ein größeres, ummauertes Privatgut bestanden haben, das bis zum Gehansbach reichte und zu dem der Buejem als Haupteinfahrt für Kutschen und Wagen diente?

Vielleicht wird hierzu weitere Forschung Aufklärung verschaffen.“

## Cité (d') Aubière

---

**D'Strooss, an där en Engpass ass, verbënnt d'Gewan mat der rue des Fleurs. Si krut hiren Numm an der Gemengerotssëtzung vum 25. Mäerz 1991.**

- Déi franséisch Stad Aubière bei Clermont-Ferrand am Puy-de-Dôme ass zënter 1980 mat Gréiwemaacher jumeléiert. Zu Aubière gëtt et zënter dem 9. Oktober 1989 d'Avenue de Grevenmacher, an den 30. Mäerz 1991 ass d'Cité (d') Aubière zu Maacher ageweit ginn. Deemools sinn och 10 Joer Jumelage Gréiwemaacher-Aubière gefeiert ginn.

## Badensgässel

---

**An d'Sakgaass Badensgässel kënnst ee vun der Poststrooss (rue de la Poste) aus. Den Ursprung vum Numm ass net bekannt.**

- De Familljennumm Baden ass an der Familljehronik vun der Stad Gréiwemaacher (18) nogewisen zënter dem 19. Jorhonnert. E gewësse Johann Baden (1831-1915) war hei Gäertner a „Geschäftsführer“.

## Rue des Bateliers - Stued

---

**Op Lëtzebuergesch heescht d'Strooss: Stoder Weg, Stoider Weg, Stoudt, Stout, Stuot, Stu'ed – haut um Stued.**

**De Stued verbënnt d'rue de la Moselle iwver d'rue Victor Prost mat der rue Mathias Schou.**

- Um Urkadasterplang vun 1824 ass d'Strooss als Stoider Weg uginn, an um Festungsplang beim Philippe Knaff (2) als Staderweg. Op dësem Plang ass och de Festungsgruef tëscht der Unterste Rampartsgasse (haut Webergaass – rue des Tisserands) an dem Stued agezeechent. Am Buch vum Anton Wagner (1) heescht d'Strooss Stuot.
- An der Geschicht vum Stued Theater zitëiert de Georges Urwald (7): „Stoit, Stuet, von ‚Staden‘ = Ufer, Strand, Gestade. Im Allgemeinen ist jener Teil des Moselufers gemeint, wo einmal der Treidelpfad für Zugpferde der Schiffe entlanglief. (...)“
- Dee selwechte Georges Urwald zitëiert aus dem Maacher Distriktskommissär Jos. Faber (1887-1960) senger Ried beim Festiessen op der Fändelswei vum Handwierkermeeschterveräin am September 1934: „*Ech sön nôt ëmssoss um Kre'izwé vum Stu'ed opgewu'ess, fir nôt se'it Kandsdég ze gesinn, datt de Stued, dën Altertömche vun e'ser Stât ass, als le'ibhaftege Museum vum Handwe-rek do stâht. D'Gâss sellewer ass zur Halschecht Werrekstât, a vun eem Enn zum aneren fanne mir d'Mästere-vun ho'rt no jidd Zunft vertru'den. (...)*“
- An dee Jos. Faber schreift iwver de Stued (8): „*Um Stu'ed. Ich weiß nicht, ob der Stu'ed mir als nächs-*

tem Nachbar seit den Kindheitstagen besonders ans Herz gewachsen ist, aber er scheint mir doch die Ehre beanspruchen zu können, das originellste Straßengebilde aus Alt-Grevenmacher zu sein. (...) Die eine Häuserfront, jedenfalls die älteste, ist auf dem früheren Festungsgraben aufgebaut. (...) Der „Stu'ed“ oder Staden lief am Stadgraben vorbei, und erst als vor etwa dreimal hundert Jahren (Anm.: 1688) das mittelalterliche Bollwerk in den Haufen gerannt wurde, da begannen die Siedlungen der Menschen in diesem Viertel. (...) Noch heute sieht man über zwei alten Haustüren das Wappenzeichen der Schiffsleute eingemeißelt, ein mit dem Strick umwundener Anker und zwei gekreuzte Ruder. Jahreszahl 1793, wenn auf mein Gedächtnis Verlass ist. (...)



E Bléck op d'Stuedergäert an den 1960er Joren, wéi d'Schleis gebaut ginn ass. (Foto: Gemengenarchiv Gréiwemaacher)

Hier (Anm.: Auf dem Stued) sitzt, teilweise, wenigstens, der Grundstock des Grevenmacher Bauerntums. (...) Dann aber ist der Stu'ed vor allem der angestammte Sitz des Handwerks mit dem goldenen Boden. (...) Die Linie, die zwischen den Häuserreihen durchführt, ist nur eine erweiterte Werkstatt. Hier hämmert der Küfer lustig an seinen Daubenreifen herum, die Wagnermeister, deren Zunft hier daheim zu sein scheint, verarbeiten in diesem Vorhof kunstgerecht ein Stück nach dem anderen zu den Leiter und anderen Wagen, deren eine ganze Garage auf der Gasse der fleißigen Hände des Meisters harrt. Vor den Schmieden, aus denen der Sang des Eisenhammers erschallt, und wo die Esse in alle finsternen Ecken hinein flammt, warten geduldig die Pferde, um ihr Schuhwerk erneuern zu lassen. (...) In der Gasse wohnt unter all den anderen auch der Totengräber der Stadt. (...) Neben dem Totengräber fehlt übrigens die Weise Frau nicht, die helfend sorgt, dass die junge Brut in den Nestern wohl gehegt wird, und so kann man sagen, dass der „Stu'ed“ die allseitigste Werkstätte unseres Moselstädtchens darstellt. Als Symbol dafür hat denn auch der Handwerksmeisterverband hier sein Hauptquartier aufgeschlagen.“

- An engem weidere Bäitrag vum Jos. Faber (9) heescht et: „Auch das Handwerk jeglichen Zeichens blühte in allen Gassen und Gässeln. Mâcher hat in sehr bescheidenem Maßstab seinen Faubourg St. Antoine. Hier hieß er von jeher und heißt noch heute,

der „Stu'ed“. *Der angestammte Sitz des Handwerks mit dem goldenen Boden. (...)*“

- E ganz interessanten Historik iwver de Stued, wou hien opgewu-ess ass, liiwwert äis de Jean-Pierre (Jemp) Urwald jr. (1946-2019) (10). Op dëser Plaz sief just seng Conclusioun zrëckbehalen: *„Dieser kurze Rückblick soll kein Klagegesang auf den früheren Staden oder Stued sein. Vieles hat sich zum Vorteil der Stadt Grevenmacher geändert. Großstädtisch sieht sich heute das Moselufer an (...). Die Beurteilung mag unterschiedlich sein, aber das Motto soll weiter lauten: ‚modern gestalten und liebenswert erhalten‘.“*

## Rue Adolphe Berens

---

D'Strooss, déi an der Gemengerotssëtzung vum 26. Mee 1995 op Virschlag vum Jean Welter gutt geheescht gouf, geet vun der Heckmill (Op der Heckmill) aus an e méi schmuele Wee weider an d'Mënscheckerstrooss (rue de Muenschecker). Op engem Foussgängerwee kënt een och an d'Leitschbaach (Leitschbach).

- Den Adolf Berens (11) – Pseud. ë. a. Gillius Döll – ass de 13.03.1880 zu Maacher an der Boussegässel op d'Welt komm an den 23. Mäerz 1956 zu Péiteng gestuerwen. Hie läit zu Maacher begruuen. De Berens war vu Beruff Schoulmeeschter, ë. a. zu Wecker, an Oberprimärschoulléierer zu Péiteng. Hien huet ganz vill

Artikelen a Bicher iwver seng Heemechtsstad Maacher geschriwwen, ë. a. an der Obermosel-Zeitung (-r-).

- Den Adolf Berens huet och deen éischte Roman op Lëtzebuergesch geschriwwen: „D'Kerfegsblo'm – Én Geschicht a'us dem ale Letzeborger Vollekslieden an der Muselspröch“, a 4 Deeler (1921-1928). Hie krut fir dee Roman am Joer 1928 deen éischte Lëtzebuurger Literaturpräis.
- Dem Berens seng Hauptwierker iwver Maacher sinn:
  - „500 Jahre Zivilhospiz in Grevenmacher“ (1939).
  - „Die Anfänge der Stadt und Festung Grevenmacher“ (1952).
- An där zitierter Gemengerotssëtzung vum 26. Mee 1995 sinn aacht nei Stroossennimm gutt geheescht ginn, déi de Jean Welter (1935-2006), ë. a. President vun der Kulturkommissioun, virgeschlo hat. Hie war mat där Missioun beoptraagt ginn. Och d'Kulturkommissioun konnt an där Saach e Wuert matschwätzen. Et handelt sech ëm d'Stroossen Adolphe Berens, Paul Faber, Anne Frank, Joseph Hurt, Jean-Pierre Urwald, Op Flohr, Op der Heckmill an Zéilewee.

## Place du Marché aux Bestiaux – Schweinsmoart

---

Op dëser Plaz, déi no bei der fréierer Maacher Gare war, ass laang Véi gehandelt ginn – dohier kënt den Numm.

- Maacher hat d'Maartrecht (fir e Woche maart) schon 1357 vum Herzog Wenzel I. zou erkannt kritt. An engem Bréif vu 1596 vum Philippe II (vu Spuenien) kritt Maacher och d'Erlaabnes, fir véier Mol am Joer e sougenannte Joermaart ofzehalen. D'Datumen dovu si genee festgeluegt, nämlech *“am Montag vor dem Feste des heiligen Johannes Baptiste im Juni (24. Juni), den zweiten am Montag nach Petri Kettenfeier im August (1. August), den dritten nach dem Fest des heiligen Briccius im November (13. November) und den vierten am ersten Montag in der Fastenzeit im Februar“* (Jos. Hurt) (12).
- Maacher hat och e Päerdsmaart an zwar op Flohr a Richtung Mänschecker an der Verlängerung vun der jëtzege Mänscheckerstrooss (rue de Muenschecker). Op enger aler, z. D. nach hand geschriwwener, leider ondatéierter Buedemkaart heescht et: „Auf dem Perdsmarkt“. Och den Antoine Wagner (1) lëscht d'Plaz op mat Pèrdsmärt.
- Maacher hat och vun 1902-1975 e Schlachthuef do, wou haut de Kulturhuf steet.

## Rue Boland

D'Strooss (rue Boland) verbënnt d'Mänscheckerstrooss (rue de Muenschecker) – uewen iwwe e Wéngertswee – mat der Weckerstrooss (rue de Wecker). Si hätt fréier eng Kéier Wolfskaulerweg geheescht, notéiert de Jean Welter (5). (D'Wollefskaul gëtt et nach haut esouzesoen als Fortsetzung

**vu Boland – rue Boland – no ënnen, d. h. déi aner Säit vun der Mänscheckerstrooss – rue de Muenschecker.)**

- De Philippe Knaff erklärt d'Wuert esou: „Boland: keltischer Name einer auf den nahen Bergen gelegenen großen Flur, welche ehemals bewaldet gewesen, (...). (3) Deemno wär Boland fréier e Flouernumm gewiescht. Op där schon zitierter ondatéierter Buedemkaart heescht et In Boland a weider Oberst Boland.
- Boland(en) gëtt et awer och als Familljennumm mat Bezuch zu Maacher. Den Edouard M. Kayser (13) weess: *« 1224: le 'villicus de Marcre' devra payer annuellement, jusqu'à extinction de la dette, vingt livres de Metz à Werner de Bolanden (...).»* Hien erklärt och, wien dee Werner de Bolanden war a bemierkt an enger Foussnotiz: *«Les Bolanden étaient une famille de 'ministeriales' de l'empire originaires du Palatinat.»* Scho beim Anton Wagner (1) heescht et: *„Bohland; der alten Familie Bohland zugehöriges Gut.“*
- Den Adolf Berens (14) hält fest: *„Zahlreich waren die Adelsgeschlechter, die hinter den schützenden Mauern der Moselfestung, dem alten Grafenmachern, ihre Zuflucht suchten, dauernd oder vorübergehend ihren Wohnsitz daselbst aufschlugen, oder dort begütert bzw. beamtet waren“*, an hien zielt dann och eng Famill vun Bolanden op.
- A sengen zum Deel hand geschriwwenen Notizen betr. d'Stroossennimm



vu Maacher hält de Jean Welter nach eng ganz Partie Nimm fest, Familljen, déi wuel eppes mat Lëtzebuerg, awer kaum mat Maacher ze dinn haten, z. B. de Baron Maximilian von Boland (1751-1807) oder de „Freiherr Boland von Düdelingen“, am 18./19. Jorhonnert.

## Bourgsgässel

---

**Dës Gässel verbënnt d'Diddenhuewener Strooss (rue de Thionville) iwwer d'Webergaass (rue des Tisserands) ewech mat dem Stued (rue des Bateliers).**

## Boussegässel

---

**D'Boussegässel verbënnt d'Groussaass mat dem behënnertegerechten Agank (zënter 2011) fir an den Osburg-Gaart.**

- Och de Familljennumm Bous gött et an der Familljehronik (18). Ob d'Gässel awer vun deem Numm hierkënt, ass net gewost.

## Rue Victor Braun

---

**Aus der Strooss „In den Pietertsgärten“ gouf de 25. Mäerz 1991 d'rue Victor Braun. Si verbënnt d'rue des Jardins mat dem Pietert (rue Pietert).**

- De Victor Braun (15), gebuer den 23. Abrëll 1914 zu lechternach, gestuerwen den 19. Dezember 1987, war Buergermeeschter vu Gréiwemaacher vun 1976-1987 a vun 1979 u bis

zu sengem plëtzelechen Doud den 19. Dezember 1987 och Deputéierte vun der Demokratescher Partei. Hie war eng stad- a landbekannt Perséinlechkeet an huet ganz besonnesch duerch säi joviaalt Wiesen ervirgestach.

- Zu Maacher huet „Brauns Vic.“ a senger Amtszäit vill bewierkt, z. B. wat déi sportlech Infrastrukturen an och wat d'Foussgängerzon ugeet oder wat d'Sannéierung vun Alstadgaasse betrëfft. Hien huet ë. a. och eng Roll gespillt als Matbegrënner vum Drauwen- a Wäifest, als President vun der HMG a vum SITG an als Member vum Verwaltungsrot vun der Gréiwemaacher Genossenschaftskellerei.

## Impasse Camping

---

**Dat klengt Stéck Strooss verbënnt de Kreesverkéier an der Tréiererstrooss (rue de Trèves), resp. op der Wäistrooss (route du Vin), mat dem Camping de la Route du Vin.**

- De Stroossennumm ass an der Gemengerotssëtzung vum 19. Dezember 2014 geschaf ginn, fir datt Leit, déi op de Camping kommen, d'Strooss am Navi vum Auto agi kënnen an de Camping esou besser fannen.

## Rue Ste-Catherine

---

**D'Strooss, déi am Volleksmond Katreingergaass heescht, verbënnt d'Tréiererstrooss (rue de Trèves) iwwer d'Kräierung rue des Tanneurs a Schoulstrooss**



**(rue de l'École) mat der Mënscheckerstrooss (rue de Muenschecker).**

- Um Festungsplang ass se als St. Katharinnengasse agezeechent. Op deem Plang liese mer och uewen an der Katreinergaass „Alter Kirchhof“ – wat bekannt ass – an um Eck mat dem heitege Gierwergruef „Das weiße Kreuz“. D'wäisst Kräiz, wat un den Iwwerfall vum Albrecht vu Brandenburg a seng Truppen op Gréiwemaacher am Joer 1552 erënnere géif, steet haut nach nieft dem Haus Urwald-Sertznig, deem leschten Haus an der Katreinergaass (an der Schuckenhiel). Den Anton Wagner (1) schreift zum Weissekreuz: „Dort sollen sich sonst immer alte Hexen der Gegend zum Tanz vereinigt und gegen die Stadt verschworen haben.“ Och am Buch vum Anton Wagner ass d'Katharinnengasse opgelëscht.

- D'rue Sainte-Catherine ass eng vun deene wéinege „weibleche“ Stroossen a Maacher. De Stroossennumm kinnt dohier kommen, datt fréier hei déi eng oder déi aner Néiesch gewunnt huet – oder awer eng Partie onbestuet Meedercher; cf: coiffer le bonnet de Sainte-Catherine; dat ass allerdéngs néierens beluegt!

- Och den Numm Neugartenweg ass fir en Deel vun der Katreinergaass gebraucht ginn. De Jos. Faber schreift am Kapitel „Straßentaufe in Grevenmacher“ (8): „Den Herren aus der Straßentaufekommission kann verraten werden, dass die Katreiner-gasse ‚Rue Ste-Catherine‘ hieß, das oberste Ende davon, das bis zum

‚Weißen Kreuz‘ führte, war der Neugartenweg.“

- De Jean Welter (5) hält a sengen Notize fest, datt den ieweschten Deel vun der Strooss eng Zäitlaang Chemin de Manternach geheescht hätt, esou, wéi een dat och um Plang vun 1824 liese kann.

- Wat et mam Numm Marialvesgässel op sech huet, deen d'Strooss am Volleksmond gehat hätt, ass néierens bekannt, genau esou wéineg, wéi deen Numm selwer.

## Rue des Caves

---

**D'Kellereistrooss (rue des Caves) verbënnt d'Tréiererstrooss (rue de Trèves) mat der Mënscheckerstrooss (rue de Muenschecker).**

- Si krut hiren Numm engersäits vun där éischter Genossenschaftskellerei op der lëtzebuerger Musel, de „Caves Coopératives des Vignerons“, déi 1921 zu Maacher gegrënnt ginn ass, zënter 1966 zur Vinsmoselle, haut zu Domaines de Vinsmoselle, gehéiert.

- Wann ee vun der Kellereistrooss (rue des Caves) schwätzt, muss een op eng weider Maacher Kellerei um Eck vun der Tréiererstrooss (rue de Trèves) mat der Kellereistrooss (rue des Caves) hiweisen, nämlech déi fréier Grandes Caves B. Pauqué S. A., haut Château Pauqué – Aby Duhr, där hiren offizielle Sëtz an der Tréierers-trooss (rue de Trèves) ass. D'Sekt-

firma B. Pauqué & Cie, virdu Caves de la Moselle luxembourgeoise Grevenmacher, geet zréck op d'Joer 1928. D'Caves Albert Duhr selwer gött et schonn zënter 1872, eng Zäitlaang nëmme mat Sätz zu Meechtem. (16)

## Rue du Centenaire

---

**D'Centenaire-Strooss (rue du Centenaire) verbënnt d'Tréiererstrooss (rue de Trèves) mat der Schoulstrooss (rue de l'École).**

- De Stroossennumm erënnert un 100 Joer Onofhängegkeet vu Lëtzebuerg. Dëst Event ass am Joer 1939, just virum 2. Weltkrich, am ganze Land grous gefeiert ginn. Zu Gréiwemaacher war d'Kanton-Ofhängegkeetsfeier de 15. a 16. Juli 1939, ë. a. mat engem groussen Cortège a Präsenz vun der Groussherzogin Charlotte a weidere Membere vun der groussherzoglecher Famill.
- Op Postkaarten, déi erauskoumen, wéi eis nei Primärschoul op Koppgevan 1922 ageweit ginn ass, ass nach näischt vun der Centenaire-Strooss ze gesinn. D'Fro stellt sech awer, op d'Strooss net kuerz no dësem Neibau gebaut gouf an hiren Numm erëischt méi spéit, nämlech 1939, kritt huet.

## Courtsgässel

---

**D'Courtsgässel ass eng Sakgaass, an déi ee vun der Poststrooss (rue de la Poste) aus kënnt.**

- Um Plang vum N. Folmer (16) ass se als Kurtsgässel agezeechent.
- D'Courtsgässel kinnt op de Familljennumm Courthe zréckgoen. Deen Numm war laut Familljehronik (18) ganz heefeg zu Maacher. Zwou Persounen, e gewëssen Anton Courthe an e gewëssen Nicolas Courthe, waren am 19. Jorhonnert vu Beruff Schoulmeeschter.

## Dietzegässel

---

**D'Dietzegässel verbënnt d'Diddenhewenerstrooss (rue de Thionville) mat der Webergaass (rue des Tisserands).**

- Wann een an der Familljehronik vun der Stad Gréiwemaacher (18) noschléit, fënnt een den Numm Dietz ganz dacks. 2 markant Persoune mam Familljennumm Dietz sollen erausgegraff ginn: E gewëssen Dietz Frantz war ufanks den 19. Jorhonnerts Napoleonsdinger, an e gewëssen Dietz Johann Baptist war am 19. Jorhonnert Dokter zu Gréiwemaacher, Dikrech an lechternach, Militärdokter a vun 1868 u Kantonaldokter zu Maacher. Et sief och drop higewisen, datt de Jos. Faber (8) an engem Dokument vun 1835 ee vun de 7 „Ratsherren“ mam Numm Dietz opzielt.

## Dupontsgässel

---

**An Dupontsgässel – eng weider Sakgaass – kënnt ee vun der Kierchestrooss (rue de l'Église) aus. Um Eck**

vun dëser Gaass stoung d'Dupontshaus.

- De Familjennumm Dupont war laut der Familjehronik (18) ganz heefeg zu Gréiwemaacher. E gewësse Philipp Dupont war ufanks des 19. Jorhonnerts Napoleonsdéngeger an hat eng ganz Partie geféierlech Asáz opzeweisen. Hie krut dofir 1812 déi fir Lëtzeburgerger seelen Auszeechnung «Chevalier de la Légion d'Honneur». 1815 ass en op Maacher zrëckkomm.

- Verschidde Gässele si schonn um Plang vun 1824 agezeechent, allerdéngs ouni Numm. Et muss ee vläicht drop hiweisen, datt et grad am Kär vu Maacher, also an där historescher Alstad, eng Partie Gaassen, resp. Gässele ginn, bei deene kee (méi) weess, wou den Numm eegentlech hier kënnt. Vill vun deenen Nimm sinn am soug. „Volleksmond“ entstan, entweder, well eng bekannt Perséinlechkeet an där Strooss gewunnt huet oder awer aus engem Hausnumm eraus oder och vun engem Beruff, deen an där Gassel usässeg war. Et ass schued, datt hier Bedeitung verluer gaang ass, obwuel d'Gaass selwer d'Jorhonnerten iwverdauert huet an dacks schonn „anonym“ op ale Pläng agezeechent ass.

## Rue de l'École

---

D'Schoulstrooss (rue de l'Ecole) verbënnt d'Katreinergaass (rue Ste-Catherine) mat der Kellereistrooss (rue des Caves).

- Den Numm geet méi wéi sécher op déi „nei“ Primärschoul – haut Grondschoul – zrëck, déi tëscht 1919 an 1921 op der Koppgegan gebaut an am November 1922 ageweit ginn ass. Zënter 1969 huet den Numm eng duebel Bedeitung wéinst dem Maacher Lycée, deen deemools als „Collège d'Enseignement Moyen et Professionnel de l'Est“ (duerno „Lycée Technique Joseph Bech“) seng Dieren an der Schoulstrooss opgemaach huet.

## Rue de l'Église

---

D'Kierchestrooss (rue de l'Église) verbënnt de Kummert (rue Kummert) mat der Groussgaass (Grand-rue).

- Um Festungsplang ass Strooss zwar agezeechent, allerdéngs ouni Numm. Um Plang vun 1824 ass d'Strooss als rue de la Paroisse uginn. Wéini den Numm geännert gouf, ass net bekannt. Interessant ass, datt mer d'Strooss um Plang, deen den N. Folmer 1974 opgestallt huet (16), als „rue du Curé“ fannen, obwuel déi Strooss jo op enger anerer Plaz war.

## Rue Paul Faber

---

D'rue Paul Faber, geschaf duerch Gemengerotsbeschloss vum 26. Mee 1995, ass net fir näischt no bei der Maacher Kellerei. Et kënnt een op der Heckmill dran a weider iwwer e Fousswee an Kellereistrooss (rue des Caves).

- De Paul Faber (18), gebuer den 29. Oktober 1888 a gestuerf de 26.

Februar 1954 zu Gréiwemaacher, huet eng Zäitlaang als Sekretär um lokalen Distriktskommissariat geschafft. 1917 huet hien d'Dréckerei Esslen iwwerholl, an där ë. a. d'Obermosel-Zeitung erauskoum, där hire Chef hie ginn ass.

- Och an der Gemengepolitik war de Paul Faber aktiv, an zwar vun 1924 un als Conseiller bis 1937 an duerno als Schäffen bis zu sengem Doud.
- De Paul Faber war awer och Wënzer an als sollechen ass hien de Grënner vun der éischter lëtzebuurger Wënzergenossenschaft am Joer 1921 zu Maacher. Bis zu sengem Doud huet hien als President vun där Genossenschaftskellerei fungéiert.
- Un dësen engagéierte Matbierger erënneren haut eng Plack un der Kellerei an de Sall Paul Faber an der Kellerei selwer. Och de Crémant Poll Fabaire dréit zënter 1991 säi „verhornballten“ Numm.

## Rue de Flaxweiler

---

**D'rue de Flaxweiler féiert vum Kreessverkéier um Potaschbierg aus duerch d'kommunal Handwierkerzon a Richtung Fluessweiler, wéi den Numm et seet.**

## Rue des Fleurs

---

**D'rue des Fleurs läit am Quartier Pietert a verbënnt d'rue Pietert mat der Schaffmill (rue Schaffmill).**

## Op Flohr

---

**D'Strooss Op Flohr, déi de Gemengerot de 26. Mee 1995 guttgeheescht huet, verbënnt d'Mënscheckestrooss (rue de Muenschecker) mat der rue du Stade.**

- Flohr kënnt vu Flouer. Domat ass eegentlech déi ganz Fläch gemengt, déi landwirtschaftlech genotzt ginn ass, also Felder, Wisen a Weiden. Den Anton Wagner (1) kennt Flôr als Flouernumm.
- De Quartier Op Flohr ass zu Maacher awer zënter 1985 Synonym fir de « Stade Régional Multisports », deen de 6. Oktober 1985 ageweit a mëttlerweil schonn eng Partie « Liftinge » matgemaach huet.

## Fossé des Tanneurs

---

**De Gierwergruuf (Fossé des Tanneurs) verbënnt d'Weckerstrooss (rue de Wecker) mat der Mënscheckersstrooss (rue de Muenschecker).**

- Dës Verbindungsstrooss huet – grad ewéi d'rue des Tanneurs, déi no derbäi läit – eppes ze di mat Gierwereien, déi an der Zäit op där Plaz waren, net wäit ewech vum ieweschte Festungsgruuf, deen um Festungsplang agezeechent ass an och ganz no bei der Rouderbaach.
- Wéi den deemolege Centre National de Recherche Archéologique (CNRA) – zënter Mäerz 2022 Institut National de Recherches Archéologiques

(INRA) – am September 2021 op engem Chantier um Eck Weckerstrooss (rue de Wecker) – Gierwergruef (Fos-sé des Tanneurs) Gruewunge gemaach huet, si se do op Spure vun enger aler Gierwerei gestouss. Wann een op industrie.lu nosicht, fënnt een eng Gierwerei Schorn (eventuell Schoren?), déi 1857 zu Gréiwemaacher war. Zwou weider Gierwereie sinn do opgelëscht, nämlech Birong a Besch. Wann een dann an der Familljehronik vun der Stad Gréiwemaacher (18) bliedert, fënnt een ënner dem Numm Birong gläich 4 Gierwer, gebuer tëscht 1801 an 1879. Och e Schoren Wilhelm, gebuer 1794, „Rotgerber“ an e Schoren Karl, gebuer 1830, Gierwer, sinn doran opgelëscht.

- Den Numm rue des Franciscaines weist op déi laangjäreg Präsenz vun der Franziskanerinne vun der Barmhärzegkeet hin, déi zënter 1869 zu Gréiwemaacher wierken.
- Déi nei Strooss läit am Häerz vu Maacher, wou d’Franziskanerinnen 1869 mat engem Weesenheem ugefaang hunn. An der Ëmgéigend sinn no an no e Spidol (mat Maternité), en Altersheem, eng Haushaltungsschoul e Kannerheem mat Privatschoul an e Foyer de Jour entstan. Deen neien HPPA, deem 2010 am Baxerasgaart seng Dieren opgemaach huet, heescht dofir net fir näischt „Home pour Personnes Âgées Saint-François“.

## Rue des Foyers

D’rue des Foyers läit am Quartier Pietert. Si verbënnt de Pietert (rue Pietert) mat der Gewan (An der Gewan). An der Gemengerotssëtzung vum 25. Mäerz 1991 ass d’Cité Pietert C an D an d’rue des Foyers ëmbenannt ginn. Vun der Strooss aus geet e Verbindungswee iwwer d’Spillplaz an d’rue Jean-Pierre Urwald.

## Rue des Franciscaines

An der Gemengerotssëtzung vum 11. Februar 2022 ass d’rue des Franciscaines am neie PAP Réngmauer gutt geheescht ginn. D’Strooss verbënnt d’Spidolstrooss (rue de l’Hôpital) mat der Réngmauerstrooss (rue des Remparts).

## Rue Anne Frank

D’rue Anne Frank, gutt geheescht an der Gemengerotssëtzung vum 26. Mee 1995, ass eng vun de „weibleche“ Stroossen zu Maacher. Si läit am Quartier Flohr an ass eng Sakgaass, déi vun der Strooss Op Flohr ausgeet.

- D’Anne Frank gouf den 12. Juni 1929 gebuer an hat jiddesch-däitsch Elteren. D’Famill ass 1934 an Holland ausgewandert, fir der Verfolgung duerch d’Nazien ze entgoen. Vum Juli 1942 un huet d’Famill sech zu Amsterdam um Späicher vun engem Hannerhaus verstoppt. Do huet dat sensibelt Meedchen a sengem weltberiihten „Tagebuch“ d’Leiden an d’Schrecke vun dese Méint am Ënnergrond festgehal. Am August 1944 ass d’Stopp vun der Gestapo entdeckt ginn. D’Famill ass an d’KZ

Bergen-Belsen verschleeft ginn, wou d'Anne Frank ufanks 1945 ëmkoum. Nom Krich huet säi Papp, den Otto Frank, d' „Tagebuch der Anne Frank“ verëffentlecht.

- Firwat eng Strooss zur Erënnerung un d'Anne Frank zu Maacher, wou d'Meedche selwer jo näischt mat Maacher ze dinn hat? De Jean Welter schreift a sengem Plädoyer fir déi zitéiert Gemengerotssëtzung: „Sie (Anm.: Anne Frank) ist bis heute das Symbol und das Opfer einer sturen, sinnlosen, hasserfüllten Politik eines unmenschlichen Regimes, vor dem wir auf immer verschont bleiben mögen.“

## Fuppesegässel

**D'Fuppesegässel verbënnt d'Poststrooss (rue de la Poste) mat der Klinenberggässel.**

- Fuppes ass laut dem Lëtzebuurger Dictionnaire (20) en Ausdrock fir alen, schlechten Äppelwäin. Och fir Viz, wat e Bauerendronk wär, gëtt laut dem Dictionnaire Vuz a Fuppes gesot. Wat dat mat der Maacher Gässel ze dinn huet, ass net bekannt. Interessant ass, datt et am Dictionnaire och d'Verb fuppen gëtt, wat ë. a. als Bedeutung huet: engem der haen, ee beetschen.

## Rue de la Gare

**D'rue de la Gare verbënnt d'rue de la Moselle mat der Avenue Prince Henri.**

- D'Strooss erënnert un d'Gare, déi Maacher am Joer 1891 krut. Dat Joer ass och d'Eisebunnsstreck Waasserbëlleg-Gréiwemaacher no laangem Waarde Wierklechkeet ginn. Déi nei Gare an d'Zuchstreck, déi d'Fortsetzung vun der Pränz-Hari-Eisebunns-linn Ettelbréck-Dikrech-lechternach-Waasserbëlleg war, sinn de 24. November 1891 ageweit ginn. Den Zuch ass bis den 22. Mee 1954 gefuer.

- D'Maacher Gare, déi no beim Schweinsmoart stoung an déi een nach op villen ale Postkaarte gesi kann, huet missen ufanks der 1970er Jore wäichen, wéi deen neie Centre Sportif et Culturel gebaut gouf.



D'rue de la Gare erënnert un déi Maacher Gare – hei am Joer 1910.  
(Foto : Archiv Foto-Club Flash)

## An der Gewan

**D'Strooss, déi am Quartier Pietert läit, verbënnt d'rue Pietert mat der Schaffmill (rue Schaffmill), déi e bësse weider d'Meechtemer Strooss (Route de Machtum – RN10) gëtt.**

- D'Wuert Gewan bedeit eegentlech Flouer. Dat heescht, datt op där Plaz fréier Wisen a Felder waren.

## Gilgesgässel

D'Gilgesgässel ass eng Sakgaass, an déi ee vun der Lëtzebuurgerstrooss aus kënn.

## Grand-Rue

D'Groussgaass (Grand-Rue) geet vum Prosteneck aus laanscht d'Maartplaz bis bei d'Lëtzebuurgerstrooss (rue de Luxembourg).

- D'Groussgaass huet net ëmmer esou geheescht. Um Festungsplang ass d'Strooss als Marktgasse agedroen, an um Plang vun 1824 steet „Le Marché“, well fréier de Maart an där Strooss ofgehal ginn ass.



D'Groussgaass op enger Postkaart vu fréier. (Gemengenarchiv Gréiwemaacher)

- Zënter den 1990er Joren ass deen ënneschten Deel vun der Grouss-

gaass (vum Prosteneck bis bei d'Maartplaz) eng Foussgängerzon. Am Agank vun där Foussgängerzon, wann ee vun der Maartplaz kënn, steet zënter dem Oktober 1991 déi gelonge Skulptur vum Bänkelsänger Blannen Theis (Mathias Schou, 1747-1824), geschaf vum lëtzebuurger Kënschtler Wil Lofy (1937-2021).

## Grueweréck

De Grueweréck geet vun der Weckerstrooss aus iwwer de Bierg zréck an d'Weckerstrooss, an et kënn een och iwwer e Foussgängerwee mat enger Trap an d'rue des Tanneurs.

- Beim Anton Wagner (1) heescht de Wee Grówerek.
- Vun där Héicht iwwer dem Festungsgruef – dohier wuel den Numm Grueweréck – wär Maacher liicht unzegräife gewiescht an dacks iwwerfall ginn, z. B. 1552 duerch d'Truppe vum Albrecht vu Brandenburg, heescht et.
- De Jos. Hurt (12) schreift: „Den Flurnamen ‚Grueweréck‘ wollen manche erklären aus den Zeiten der Überfälle der wilden Ungarn oder anderer. Die Bewohner der nahegelegenen Siedlung ‚villa machera‘ zogen sich mit ihrem Vieh und ihrer Habe in die ‚Gruewen‘ = Gruben zurück, wo sie von Überfällen dieser räuberischen Horden geschützt waren. Diese Gruben befestigten sie mit eingerammten Pfählen, die sie mit verflochtenen Zweigen verstärkten. Draußen hatten



sie heimliche Wachen stehen, die auch ihr im Walde weidendes Vieh behüteten.“

- Um Grueweréck, hanner där fréierer Jugendherberg, waren 1945 bei Ausgruewunge fir de Waasserbehälter ze erweidern, dräi Skeletter fonnt ginn. An deem Zesammenhank huet den Ingenieur Paul Kroll (1884-1970) vu Meechtem de 25. Juni 1944 bei enger privater Gruewung ë. a. eng bronzen Hoerspéngel, Pärele vun enger Ketten an eng Brosch, eng sougenannt Goldfibel, fonnt an d'Saachen an der Stad am Musée ofginn. D'Goldfibel huet den nationale Musée fir Geschicht a Konscht (MNHA) nom Krich kaaft, si ass 1972 op engem Timber publizéiert ginn, an et kann ee se haut nach am Musée bewonneren (21).
- Ganz no beim Grueweréck läit och de Maacher Juddekierfecht, deem zënter 2021 Nationalmonument ass.

## Op der Heckmill

---

**D'Heckmill verbënnt d'Mënscheckestrooss (rue de Muenschecker) mat der Kellereistrooss (rue des Caves). De Stroossennumm ass de 26. Mee 1995 am Gemengerot guttgeheesch ginn.**

- Et gëtt e scho beim Anton Wagner (1) als Hèkemühl. An den Notize vum Jean Welter (5) liese mer, datt de Stroossennumm op eng Millen hiweist, déi den bekannte Millefuerscher Emile Erpelding (1917-1999) no bei der Manternacherstrooss (rue de Manternach)

vermutt huet. Dës Millen, iwwer déi weider näischt bekannt ass, wär vum Waasser vun der Leitschbaach gedriwwen ginn. Interessant ass, datt den Anton Wagner (1) a sengen Ausféierungen och eng Millebächelchen no bei der Heckmill ugëtt.

## Avenue Prince Henri

---

**D'avenue Prince Henri verbënnt d'Tréiererstrooss (rue de Trèves) laanscht de Schweinsmoart (Marché aux Bestiaux) mat der rue de la Gare.**

- D'Strooss huet eppes mat där fréierer Maacher Gare ze dinn.
- Zu Lëtzebuerg goufen et an der zweeter Halschecht vum 19. Jorhonnert zwou Eisebunnsgeellschaften, nämlech d'Wëllem-Lëtzebuerg-Eisebunnsgeellschaft, déi hiren Numm vum Kinnek-Groussherzog Wëllem III. ofgeleet huet a fir déi international Eisebunnsstrecken zoustänneg war, an d'Prënz-Hari-Eisebunnsgeellschaft, bei där et haaptsächlech ëm national Linië giong. Dozou huet och d'Eisebunnslinn Waasserbëlleg-Gréiwemaacher gehéiert.
- De Prënz Hari vun Oranien-Nassau (1820-1879) war de Brudder vum Kinnek-Groussherzog Wëllem III. Hie war Statthalter fir säi Brudder zu Lëtzebuerg a war ganz beléift. Dofir krut hien den Numm „de gudde Prënz Hari“. Un dëse Prënz erënnert d'avenue Prince Henri zu Maacher.

## Rue Hiel

---

D’Hiel (rue Hiel) läit am ieweschten Deel vu Maacher. D’Strooss geet vun der Mënscheckerstrooss (rue de Muenschecker) aus weider an de Kinnebësch – als Kinnenbusch op der Buedemkaart bezechent.

- Um Kadasterplang vun 1824 ass d’Richtung vun der Hiel scho mat engem Feil ugedeit an zwar als Hoehl.

## Rue de l’Hôpital

---

D’Spidolstrooss (rue de l’Hôpital) verbënnt een Deel vun der Turgaass (rue de la Tour) mat der Kräizung Groussgaass (Grand-rue) – Lëtzebuurgerstrooss (rue de Luxembourg).

- D’Strooss huet hieren Numm vun deem Spidol, z. D. mat Maternité, datt d’Franziskanerinne vun der Barmhärzegkeet am 20. Jorhonnert – a bis Enn 1994 – do bedriwwen hunn (23).
- D’Strooss huet net ëmmer esou geheescht. Um Festungsplang a beim Anton Wagner (1) liese mer Pastorsgasse, an d’Paschtoueschhaus, wat bis 1892 an där Strooss war – deemools huet d’Maacher Kierchefabrik dat heitegt Dechenshaus kaaft – ass mat enger Nummer agedroen, déi um Rand erklärt gëtt, nämlech Pastorshaus. Um Plang vun 1824 heescht d’Strooss rue du Curé, an och hei ass de Presbytère agedroen.

## Passage de l’Hôtel de Ville

---

De Passage de l’Hôtel de Ville läit säitlech vum resp. hanner dem ale Stadhaus an e verbënnt d’ieweschtt Groussgaass (Grand-Rue) mat der Maartplaz (Place du Marché). Et handelt sech ëm eng vu véier Parallelgaassen, déi vun der ieweschter Groussgaass a vun der Maartplaz aus erreechbar sinn. Et ass och eng vun deene véier Gaassen am Häerz vu Maacher.

## Rue Joseph Hurt

---

D’rue Joseph Hurt erreecht ee vun der Heckmill (Op der Heckmill) aus, an d’Strooss verbënnt d’Heckmill – méi spéit iwwer e Fousswée – mat der Kellereistrooss (rue des Caves). De Stroossennumm ass an der Gemengerotssëtzung vum 26. Mee 1995 guttgeheescht ginn.

- De Joseph Hurt (24), gebuer den 13. August 1892 zu Gréiwemaacher an och do gestuerwen de 25. Mäerz 1962 war 1918 zum Geeschtleche geweit ginn. „Statiounen“ als Geeschtleche ware fir hie Maacher, Esch St-Joseph, Rollengergronn, Hamm, Wolz, Pënsch an Uespelt. Seng Pensioun huet hie vun 1958 un a senger Heemechtsuertschaft Maacher verbruecht.
- De Joseph Hurt huet ganz vill Wierker iwwer Theater, Geschicht, Lokalggeschicht vu Maacher, a Veräinsbroschüren an anere Publikatiounen a Kalennere geschriwwen.

- Als Lokalhistoriker huet hien der Stad Gréiwemaacher eng ganz Partie wäertvoll Dokumenter a Bicher hannerlooss:

*Der Brand von 1822 (1956), Der Kreuzerberg und seine Geschichte (1956/1957), Aus dem Bürgerbuch der Stadt Grevenmacher (1959), Geisterabwehr bei unseren Vorfahren (1960), Grevenmacher. Einer Moselstadt geschichtliches Werden und Wachsen; eng onverëffentlecht Kartular-Chronik an 3 Deeler an aner Manuskripter zu verschiddenen Themen, an dat ass bei wäitem net alles!*

## Hurysgässel

---

**D'Hurysgässel verbënnt d'Diddenhewenerstrooss (rue de Thionville) mat der Webergaass (rue des Tisserands).**

- Den Numm vun der Gaass geet zréck op de Familljennumm Hury, deen et op 13 Erwänungen an der Familljechronik (18) bréngt. Do si Perséinlechkeeten derbäi, déi Geriichtsvollzéier zu Maacher waren, et sinn awer och Bäcker a Wollspänner derbäi. Ee vun hinne war Napoleonsdénger, een aneren ass an Amerika ausgewandert; zu deem sengen Nokomme gehéiert de Capitain Leo Hury, 1920-2012, deen ë. a. 1944 beim Débarquement vun Amerikaner an der Normandie eng Roll gespillt huet. Vu weem vun hinnen d'Hurysgässel schliisslech hiren Numm kritt huet, ass net bekannt. Hei gëlt wuel dat, wat de Jos. Faber zur Stroossen-daf zu Maacher (8) schreift: „Grevenmacher besitzt noch unzählige Gäs-

seln, die der Einfachheit halber nach dem Bewohner des Kopfendes oder vielleicht auch nach der markantesten Persönlichkeit, die sie beherbergte, benannt waren.“

## Rue des Jardins

---

**D'rue des Jardins verbënnt de Kummert (rue Kummert) mat der rue des Fleurs.**

## Kahlenberg

---

**De Ka(h)leberg (Kahlenberg) geet vum Kreesverkéier Kummert aus iwwer d'N1 a Richtung Copal a Potaschberg.**

- D'Strooss ass um Festungsplang als Strasse nach Lutzelburg (direkt nieft der Gehaansbach (Johannisbach) agedroen. Wou den Numm hierkënnt, wësse mer net. Och beim Anton Wagner (1) heescht de Wee Kâleberg.
- D'Wuert Kahlen huet méi Bedeitungen, z. B. e Bësch, deen gehaen („gerodet“) ginn ass; kahl heescht awer och nach net bewuess, do, wou kee Bësch ass.
- Am Kahleberg hu fréier d'Maacher Pioe (Lompekréimer) gewonnen.

## Keiffeschgässel

---

**D'Keiffeschgässel verbënnt d'Lëtzebuerger Strooss mat der Syr.**

- Doranner steet eent vun deenen eelsten Haiser vu Maacher, d'Keifeschhaus – dofir den Numm vun der Gaass. D'Famill Keiffer war an der Zäit eng räich an ugesi Famill vu Maacher. Vun 1880 bis 1883 huet och de Maacher Buergermeeschter Joseph Keiffer geheescht. Ënner him ass 1881/82 déi éischt Maacher Bréck gebaut ginn.

## Hanner der Kërrech

---

D'Strooss hanner der Kërrech ass eng kleng Sakgaass, déi vun der Kierchstrooss aus (rue de l'Eglise) säitlech laanscht d'Kierch verleeft (Kierch heescht am Maacher Dialekt Kërrech). De Stroossennumm ass an der Gemengerotssëtzung vum 20. Oktober 2004 guttgeheescht ginn.

## Kiischtebierg

---

De Kiischtebierg läit nieft der Nationalstrooss 1 (Route Nationale 1), esouzesoen op där anerer Säit, wou d'Strooss fir op Uewerdonwen ofzweigt. Op där schonn zitierter Buedemkaart ass de Flouernumm als Im Kirschenberg agedroen.

- Wou den Numm hierkënnt, wësse mer net. Et kinnt awer sinn, datt an der Zäit do vill Kiischtebeem gestan hätten. Op ale Pläng an Dokumenter, déi een op industrie.lu (22) fënnt, ass um Kiischtebierg ëm d'Wenn vum 19./20. Jorhonnert den „Dolomitsteinbruch ‚auf dem Kirschenberg‘ – Nicolas Becker-Govers“ an duerno,

géint 1924, Dr. Antoine Wagner, agedroen. (Dobäi kinnt et sech ëm deen Antoine Wagner gehandelt hunn, dee vun 1921-1928 Buergermeeschter zu Maacher war.)

## Kinnebësch

---

De Kinnebësch ass e Flouernumm, deem ee begéint, wann een an der Hiel (rue Hiel) weider an d'Wéngerten, resp. an d'Gewan, geet. Op der Buedemkaart ass en als Kinnenbusch bezechent. De Wee féiert laanscht d'Autobunn A1 zréck op d'Nationalstrooss 1 (Route Nationale 1).

## Klingenbergsässel

---

D'Klingenbergsässel ass eng kleng Sakgaass, an déi ee vun der Kierchstrooss (rue de l'Eglise), säitlech laanscht d'Zéintscheier kënn.

- Den Numm Klingenberg gëtt et zu Maacher vun ca. 1725 un. Lén-gewiewer, Wollwiewer, Bréifdréier, Wollspënner a Schräiner sinn an der Familljehronik opgezielt. Ufanks des 19. Jorhonnerts war e gewësse Peter Klingenberg Napoleonsdénge an huet u Feldzich deelgeholl. Spéider ass en erëm heemkomm a war Bréifdréier zu Maacher a Kantonsbuet bei der Post. Ee weidere Klingenberg (Georg) vu Maacher war am 19. Jorhonnert Schoulmeeschter, an et fënnt een eng Partie Verëffentlechunge vun him am „Luxemburger Schulbote“, wéi de Jean Welter

erausfonnt huet. Säi Bruder, de Johann Baptist Klingenberg, war Schoulmeeschter zu lechternach a Komponist. Vu weem d’Klingenbergsgässel schliisslech den Numm kritt huet, ass net bekannt, awer si huet hieren Numm verdéngt.

## Kofferschmattsgässel

**D’Kofferschmattsgässel, eng vun deene véier Gaassen am Häerz vu Maacher, erreecht ee vun der ieweschter Groussgaass aus. Iwwer eng Trap hannen an der Gaass kënnst ee weider an d’Schaackegässel.**



D’Kofferschmattsgässel: Eng pittoresk Gaass am Häerz vu Gréiwemaacher. (Foto: Bernard Paulus)

- An der Kofferschmattsgässel haten an der Zäit d’Kofferschmatt hier Bleif. D’Gaass war jo no beim fréieren Hôtel de Luxembourg, (haut: Dréckerei Offset), an domat bei der Statioun vun de Postkutschen, déi aus der Stad koumen an op lechternach an Tréier weidergefuer sinn.

- Dat besonnescht Strooseschëld an dëser pittoresker Gaass ass am Kader vum „Projet d’Etablissement“ Cooltour / 750 Joer Maacher Fräiheet (2002) vu Schüler aus enger 9e technique aus dem deemolege Lycée technique Joseph Bech – haut Maacher Lycée – entworfginn. Et huet vill Stonnen Aarbecht kascht, bis dëst Zunftzeeche fäerdeg war.

## Rue Kummert

De Kummert (rue Kummert) verbënnt de Kreesverkéier Kummert (op der Kräizung Kahleberg (Kahlenberg), Lëtzebuurgerstrooss (rue de Luxembourg) an eebe Kummert (rue Kummert) mat der Maacher Bréck.

- Um Festungsplang ass d’Strooss als Kummertsweeg agezeechent. Um Plang vun 1824 fanne mer och de Kummerts-Weg, mat dem Kummerts-Garten tëscht dem Wee selwer an der Gehaansbaach. Den Anton Wagner (1) schwätzt vun der Kummerts-gasse.

- Den Emile Erpelding (6) gëtt als Erklärung vu Kummert „Namensform für einen Römerweg“.

## Kurzacht

---

**D’Kurzacht verbënnt d’Tréiererstrooss (rue de Trèves) iwwer d’Wäistrooss (Route du Vin) ewech mat dem Parking bei der Maacher Schwämm a mat der Muselpromenad.**

- Eng „Acht“, als Landgutt oder lerfgutt, wär fréier eng gréisser ëmzängt Akerfläch no bei engem Duerf gewiescht, déi zu Feudalzäiten dacks enger weltlecher oder geeschtlecher Grondherrschaft gehéiert hätt, erkläert de Jean Welter (5), an hien zitíiert d’Buch vum Pierre Anen: Luxemburgs Flurnamen und Flurgeschichte (1945), an deem den Ausdrock „In der Kurzacht“ vermierkt ass.
- Zu Maacher hätt d’Kurzacht awer nach eng aner Bedeitung gehat, huet e grouse Frënd vun der Eisenbunn, de Jemp Steffen vu Mäertert († 2017) ëmmer erkläert. An der Kurzacht, déi no bei der fréierer Maacher Gare louch, hätten d’Lokomotiven „eng kuerz Acht“ gedréint, fir erëm virun d’Wagone gespaant ze ginn. Deemno wär den Numm Kuerzaacht hei och ubruecht...

## Kuschegässel

---

**D’Kuschegässel verbënnt d’Katreinergaass (rue Ste-Catherine) mat der Centenairestrooss (rue du Centenaire).**

- Den Anton Wagner (1) nennt d’Strooss Kuschegässchen.

- Fir den Numm ze erklären, muss een de „Feuersalamander“ (25) vun Frantz Seimetz (1858-1934) zur Hand huelen: „De Kusch. De Wimmi haat sech den Numm ‚Kusch-dech‘ oder ‚Kusch‘ verdéint, eweill hen esou gedöllech a goudméideg wor.“ Esou fänkt d’Geschicht un, an da gëtt erzielt, datt de Wimmi schliisslech d’Finnche fonnt hat. „Böß zoum Wanter hatten säi hirt Nástchen färdeg ann du sen bei den Här un den Altor gaangen, sech de Segen hollen. (...) „Wou se dumols den Héil opgehaangen hun, hääscht nooch haut d’Kuschegässel.“ Domat wär den Numm vun der Gässel erkläert.

## An de Längten

---

**D’Strooss An de Längten an der regionaler Industriezon um Potaschbieregkrut hiren Numm an der Gemengerotssëtzung vum 17. August 1995. D’Strooss féiert vum Kreesverkéier Potaschbiereg aus an déi 2. Ausdeenzungszon vun där Industriezon a läit um Gebitt vun de Gemenge Biwer a Gréiwemaacher. Déi zwéi Schäfte- rëit waren deemools averstan, fir der Strooss deen Numm ze ginn.**

## Leitschbach

---

**D’Leitschba(a)ch verbënnt den Zéilewee mat der Tréiererstrooss (rue de Trèves).**

- D’Strooss krut hiren Numm vun der Leit(e)schbaach, déi am Ritesch-

gronn – op der Buedemkaart als Riteschgrund uginn – entspréngt a bei den Tennisfelder an d’Musel leeft. Dës Baach hätt fir d’Funktionéiere vun der Heckmill(en) (no bei der Kräizung Manternacherstrooss, Zéilewee a Mënscheckerstrooss) gesuergt, gëtt gesot.

## In der Loch

---

**Dës Strooss, déi a kengem Verzechenes ass, verbënnt d’rue des Vignes am Quartier Pietert mat der rue de Machtum.**

- „Loch“ ass en ale Flouernumm an et bedeit e sompegt Grondstéck, resp. eng sompegt Wiss.

## Rue de Luxembourg

---

**D’Lëtzebuurgerstrooss (rue de Luxembourg) verbënnt den ieweschten Deel vun der Groussgaass (Grand-Rue) mat dem Kreesverkéier Kummert.**

- Et ass eng vun den Haaptstroosse vu Maacher, déi zu Festungszäiten duerch d’Lëtzebuurger Paart (als Lützelburger Thor um Festungsplang bezeechent) gaang ass. (Dës Paart stoung op der Kräizung vun der Turgass (rue de la Tour) mat der Syr (rue Syr).
- D’Strooss ass op allen ale Pläng agezeechent, um Festungsplang als Lützelburgergasse, a si gëtt och beim Anton Wagner opgezielt.

## Luxensee

---

**Et handelt sech ëm eng kleng Sakgaass, déi vun der Lëtzebuurger Strooss aus no lénks geet. Si ass esouwuel um Festungsplang, wéi och um Plang vun 1824 agezeechent, alerdéngs ouni Numm.**

- D’Gaass kinnt fréier Luxenséit geheescht hunn. Eng Séit ass en Oflafkanal fir Waasser. Als Luxense’t huet den N. Folmer (16) se agezeechent.

## Route (Rue) de Machtum

---

**D’Meechtemer Strooss (route de Machtum) ass d’Fortsetzung vun der Schaffmill (rue Schaffmill) a si verbënnt Maacher mat der Nopeschuertschaft Meechtem iwwer d’N10 (déi vu Schengen iwwer Réimech an lechternach bis op Maarnech geet an 113 km laang ass).**

- Och d’Lëtzebuurger Wäistrooss läit op der N10 (déi hanner Gréiwemaacher – a bis op Waasserbëlleg) an d’N1 iwwegeet.

## Rue de Manternach

---

**D’Manternacherstrooss (rue de Manternach) féiert vun der Kräizung Mënscheckerstrooss (rue de Mënschecker) mam Zéilewee aus iwwer de Groesteen op d’Nopeschuertschaft Manternach.**

- D’Strooss gëtt um Plang vun 1824 gläich zweemol op verschidde Plazen uginn, nämlech vun der



Lëtzebuurgerstrooss aus duerch d'Hoehl a vun der Katrenergass aus weider no uewen.

## Place du Marché

**D'Maartplaz (26) läit am Häerz vu Gréiwemaacher. Si verbënnt d'Groussgaass (Grand-Rue) mat der Réngmauerstrooss (rue des Remparts), dem Passage an der Péiter-Osburg-Strooss (rue Pierre d'Osbourg).**

- All éischte Méindeg am Mount ass Maart op der Maartplaz. D'Maartrecht krut d'Stad Gréiwemaacher scho ganz fréi, nämlech 1357 vum Herzog Wenzel I. Fréier war de Maart allerdéngs an der Groussgaass (Grand-Rue). Dofir steet op de Pläng vu fréier Marktgasse (um Festungsplang) a Le Marché um Plang vun 1824.
- Déi „nei“ Maartplaz, wéi mir se kennen, ass eréischt nom groussen Brand vun 1822 an den 1830er Joren age-riicht ginn. Virdru stoungen Haiser op der Plaz. Wéi d'Gemeng d'Plaz an den 1820er Jore kaaft hat, sinn déi Haiser ofgerappt ginn.
- Uewen op där „neier“ Maartplaz stoung bis an d'1920er Jore parallel zum heitegen Delhaize Proxy eng ganz bekannt Schoul. An där Oberprimärschoul, déi duerch hir kompetent Léierpersounen wäit iwwer d'Grenze vu Maacher eraus bekannt war, ass lëtzebuurger Schoulgeschicht geschriwwen ginn. Eng ganz Rei Bicher fir d'lëtzebuurger Schoul-

jugend sinn hei verfaasst a landeswäit agefouert ginn.

- Do, wou haut den Delhaize Proxy ass, war vun 1928 un eng drëtt Maacher Kellerei, nämlech d'Kellerei Michel Rippinger, déi virun allem op d'Produktioun vun Drauwesaaft spezialiséiert war. Spéider huet se Caves Saint-Laurent geheescht, an Enn vun den 1970er Joren ass de Kellereibetrieb agestallt ginn.



D'Maartplaz mat Kiosk an „Diegelchen“.  
(Foto: Gemengenarchiv Gréiwemaacher)

- Op der Maartplaz stoung fréier de sougenannten „Draachebur“ (bis ufanks der 1900er Joren), an et war eng „Fruuchthal“ do, déi als „Diegelchen“ bekannt war.
- De Will Reuland (1920-1997) (27) beschreift deen Diegelchen 1968 am Katalog fir déi 18. Ouschterausstellung. Hei en Auszuch aus där Beschreibung: „Den Diegelche war fir d'Kanner dat Schéinst, wat et zu Maacher ginn ass. Den Diegelche war einfach alles, wéil et war

ëmmer eppes do looss. Wann et keen Dëppegëisser woaren, déi do logéiert hunn, da woaren et Stänn vum Bottermoart. Wann et déi net woaren, dann hate mer doudsécher soss eppes ze kucken. (...) An et woar esou spannend, d'Dir opzetrinn, wou den Doudewon stung. Jee, ënner dem Diegelche woar alles méiglech.”

- Duerno koumen en neie Kiosk (vun 1921-1957), deen duerch e sougenannten „Auditorium“ (bis ufanks der 2000er Joren) ersat gouf.

## Mathessegässel

---

**Bei der Mathessegässel handelt et sech ëm eng Sakgaass, déi vun der Poststrooss (rue de la Poste) ausgeet.**

- De Familljennumm Mathes gëtt et zwar an der Familljehronik (18) awer en ass méi rezent, soudass mer net wëssen, wou de Stroossennumm hierkënn.

## An der Mill

---

**D'Mill läit hanner dem Mënschecker Tur (huelen Zant). Et ereecht een d'Haus entweder iwwer eng Trap oder awer vun der Katreinergaass aus (rue Ste-Catherine).**

- Hei huet fréier d'Millerad gedréint, gespeist vun der Rouderbaach (Roiderbaach). D'Mille war eng Zäitlaang bekannt als Baxeras-Millen, an huet deemno deem leschte

Landriichter vu Gréiwemaacher, François de Baxeras (vun 1777 bis 1795), gehéiert. Duerno gëtt vun der Schorensmill geschwat. D'Famill Schoren war eng räich an ugesi Famill vu Maacher.

- Vun der Katreinergaass (rue Ste-Catherine) aus kënn een duerch de Gängelchen zréck an d'Réngmauerstrooss (rue des Remparts). Dee Gängelchen huet kee Stroosseschëld an ass och op kengem Plang agedroen; den Numm existéiert deemno nëmmen am Volleksmond. Dëse Schloff hätt de Leit, déi an der Mill geschafft hunn, an domat „extra muros“ waren, als heemleche Fluchtwee gedéngt, wa Gefor war an déi Leit an Stad era komme wollten, heescht et.

## Rue de la Moselle

---

**D'rue de la Moselle, déi d'Tréierersstrooss (rue de Trèves) mat der Wäisstrooss (route du Vin) verbënnt, ass an der Gemengerotssëtzung vum 25. Mäerz 1991 guttgeheescht ginn.**

- D'Strooss huet bis dohinn Unterer Moselweg geheescht. Si ass um Plang vun 1824 als Moselweg agedroen. Et kinnt och déi Strooss sinn, déi den Anton Wagner (1) als Unterstränk bezeechent.

## Rue de Muenschecker

---

**D'Mënscheckerstrooss (rue de Muenschecker) huet d'Katreinergaass (rue Sainte-Catherine) an de**

**Gierwergruuf (Fossé des Tanneurs) mat der Nopeschuertschaft Mënsch-ecker (déi zur Gemeng Manternach gehéiert) verbonnen. Duerch de Bau vun der Autobunn A1 ass dës Verbindung ënnerbrach ginn, a Mënsch-ecker ass zënterhier just nach iwwert d'rue de Manternach ze erreechen.**

- D'Strooss ass um Festungsplang agezeechent als Munzäkerweg. Um Plang vun 1824 ass se als Chemin de Manternach uginn. Och den Anton Wagner (1) kennt e Munschekerweg.

- Et muss een drop hiweisen, datt mer zu Maacher nach ëmmer de Mënscheckertur – alias huelen Zant – hunn. Et war den Nordtur vun där fréierer Stadmauer, an en ass zënter dem 18. Januar 1985 als Nationalmonument klasséiert.

- Eng vun de véier Paarten an där Stadmauer war d'Mënscheker Paart, vun där wuel nach een Tur am Park vum HPPA ze gesinn ass.

## Rue Neuve

---

**D'Neigaass (rue Neuve) verbënnt d'Kierchestrooss (rue de l'Église) mat der Lëtzebuergerstrooss (rue de Luxembourg).**

- Esou „nei“ ass d'Strooss net, well si ass schon um Festungsplang als Neugasse an um Plang vun 1824 als rue Neuve uginn.

## Oischtgesgässel

---

**An d'Oischtgesgässel (richteg: Ouscht-gesgässel) kënt ee vun der ieweschter Grossgaass aus.**

- Et ass eng Sakgaass, an hiren Numm geet zréck op den Hausnumm an Ouschtges – dat war dat herrschaftlecht Wënzërhaus, op dat ee stéisst, wann ee bis un d'Enn vun der Gaass geet.

## Rue Pierre d'Osbourg

---

**D'Osburg-Strooss (rue Pierre d'Osbourg) verbënnt d'Maartplaz (Place du Marché) mat der Tréiererstrooss (rue de Trèves). D'Strooss war fréier den ënneschten Deel vun der Réngmauerstrooss (rue des Remparts), déi vum Mënschekertur bis bei d'Tréierer Paart goug.**

- D'Strooss erënnert un de Ritter an Edelman Péiter vun Osburg (28), deen am 15. Jorhonnert der Stad Maacher an enger Schenkungsurkund (1418) all säi Besëtz bei der Tréierer Part vermaach huet, mat der Oplo, datt en Haus vir déi Arem – e soug. Biergerspidol oder Hospiz – a sengem Haus bei der Tréierer Paart entstoe sollt. Kuerz viru sengem Doud huet hien a sengem Testament (1439) och nach quasi de ganze Rescht vu sengem Verméigen deenen Aarmen a Kranke gespennt.

- Et war laang zimlech roueg ëm de Péiter vun Osburg an ëm „säin“ Haus, dat no an no verschidden

Destinatioune krut, bis dass den Adolf Berens am Joer 1939 an enger besonnescher Festschrëft op 500 Joer Zivilhospiz agaang ass (29). Deemools gouf eng Erënnerungsplack um Osburg-Haus opgehaang – si hänkt zënter dem Summer 2022 am Osburg-Gaart, zesumme mat dem Wope vu Maacher a mat enger Chronik zum Osburg-Haus.

- An deem Zesammenhank dierft och wuel schonn 1939 oder awer eréischt nom 2. Weltkrich deen ënneschten Deel vun der Réngmuerstrooss (rue des Remparts) ëmgedeeft gi sinn a rue Pierre d’Osbourg.
- Et sief drop higewisen, datt dat restauréiert an erweidert Osburg-Haus zesumme mat dem Osburg-Gaart zënter 2017 Nationalmonument ass, an datt d’Regional Maacher Musekschoul hire feste Sëtz an deem herrschaftleche Gebai huet.

## Am Paradäis

---

**D’Strooss am Paradäis ass eng nei Strooss, déi vun der Meechtemersstrooss (rue de Machtum) aus an dat neit Wunnbaugebitt am Paradäis féiert. Si ass an der Gemengerotssëtzung vum 13. Juli 2018 guttgeheescht ginn.**

- D’Strooss huet hiren Numm net gestuel, well si läit an enger vun dee-ne beschte Wäilage vun eiser Musel, dem Paradäis, wou e besonnesch gudder Riesling wiisst.

## Passage

---

**De Passage verbënnt d’Katreinergaass (rue Ste-Catherine) mat der Réngmuerstrooss (rue des Remparts) a mat der Maartplaz (Place du Marché).**

- Dësen „Duerchbroch“ war net ëmmer do. Éischt Pläng fir d’Strooss leien aus dem Joer 1872 fir, an zwar: „Entwurf zum Durchbrechen, zur Verbindung der Catereinengasse und Neuenmarckt in der Stadt Grevenmacher.“

## Rue Pietert

---

**D’rue Pietert – am Volleksmond einfach Pietert genannt, obwuel dat ee-gentlech dee ganze Quartier ass – verbënnt de Kummert (rue Kummert) mat der rue des Vignes.**

- Um Plang vun 1824 ass e Feil, dee vum Kummerts-Weg op Pitert hiweist. De Jean Welter zitíiert a sengen Notizen den Nic Folmer (17) mat Referenz op d’„Carte archéologique“: « Les ‚Pitert‘ indiquent les vignobles aux abords des ‚villas‘ gallo-romaines ».

## Rue du Pont

---

**D’rue du Pont (Bréckestrooss) verbënnt d’Kräizung Kummert (rue Kummert) a Schaffmill (rue Schaffmill) mat der Maacher Grenzbréck iwwee d’Musel a weider mat Wellen (D).**



Déi nei Maacher Bréck verbënnt zënter Oktober 2013 d'Muselmetropol mat Wellen (D).  
(Foto: Alain Goedert)

• Zënter 1882 huet Maacher eng „fest“ Muselbréck. Déi éischt Grenzbréck ass am September 1944 gesprengt ginn. Enn 1955 ass déi zweet Grenzbréck fir de Verkéier opgaang. Si stoung bis den 20. Mee 2013, wéi se ofgerappt ginn ass. De 15. Oktober 2013 war mat där eleganter nei-er Maacher Bréck erëm eng Verbindung iwver d'Musel do. Déi Bréck ass den 2. Juni 2014 vum Persouneschëff MS Princesse Marie-Astrid aus ageweit ginn.

## Rue de la Poste

**D'Poststrooss (rue de la Poste) verbënnt d'Diddenhewenerstrooss mat der Kierchestrooss (rue de l'Église).**

• D'Strooss huet net ëmmer esou geheescht. Um Festungsplang ass se agedroen als Onkelsgasse, um Plang vun 1824 ass et schonn d'rue de la Poste. Och den Anton Wagner (1) kennt nach d'Onkelsgasse.

• Dës Strooss deit drop hinn, datt hei fréier emol eng Kéier eng Post war – wuel net déi eenzeg, wéi et am Buch „Die Post des Großherzogtums Luxemburg“ (31) festgehal ass. Scho 1792 huet de Goethe sech bei der Post um Eck Groussgaass an Diddenhewenerstrooss (haut: Bijouterie Hoffmann) opgehal. Dorun erënnert eng Plack um Haus. Weider Poststatioune wäeren an der Groussgaass, an der Tréiererstrooss op zwou Plazen an am heitege Postgebai – zënter dem 1. Abrëll 1937 – gewiescht.

• Zäitweileg wär d'Post och nach um Eck vun der heiteger Kierchestrooss (rue de l'Église) an der Dupontsgässel, vis-à-vis vum Dupontshaus, an am Haus nieft der Apdikt an der Tréiererstrooss ënnerbruecht gewiescht.

• Uewen an der Poststrooss steet eis herrlech restauréiert Zéintscheier aus dem Joer 1635, déi zënter 2009 als Nationalmonument klasséiert ass. Si ass op kengem Plang agedroen. Awer hei hunn d'Maacher Bërger missen den Nauntel vun de Friichte vum Feld a vun der Rief ofginn, esou, wéi et schonn an der Fräiheitscharta vun 1252 verbréift ass. Mëttlerweil ass och bewisen, datt scho viru 1635 e Gebai op där Plaz stoung.

## Postlooch

---

**D'Postlooch ass eng Sakgaass, an déi een aus der Poststrooss (rue de la Poste) kënn.**

- D'Gaass huet ouni Zweiwel eppes mat der Post vu fréier ze dinn. An deem schonn zitíierte Buch vum N. Poos (27) heescht et: « A Grevenmacher, il y a une rue dont le nom rappelle l'existence du service postal d'antan. C'est la 'Poststraße' avec son embranchement, la ruelle-impasse 'Postlooch'. »
- Am Zesammenhank mat der Post zu Maacher däerf een op kee Fall d'Postkutsch vergiessen, déi vun ufanks des 18. Jorhonnerts un eng wichteg Roll gespilt huet (cf.: Hôtel de la Poste a Schiltzenplatz).

## Potaschberg

---

De Potaschberg, och nach als Maacher Knupp bekannt, ass een Deel vun der Gemeng Maacher, deen iwwer d'Route Nationale 1 (RN1) ze erreechen ass.

- Den Numm kënn vu Pottasche. Dat ass laut industrie.lu (30) Kalliumkarbonat mat der chemescher Formel  $K_2CO_3$ , en Alkali an d'Kaliumsalz vun der Kuelesaier.
- Scho 1762 gëtt de Potaschberg ernimmt: « Le Comte de Baillet de Latour obtient la permission de fabriquer à Grevenmacher du savon blanc et marbré, façon de Marseille

et d'Alicante. » 1766 geet vun der Seefefabrik Chevalier / Ritter Wouters Rieds, déi 1770 versteet gëtt als „Seifen- und Pottaschefabrik“.

- Op engem weideren Dokument an och an engem Artikel iwwer de Potaschberg (32) gëtt de Pottaschaff genannt, an en ass och op engem ale Plang agezeechent. Op industrie.lu heescht et: „1806 – Catherine Bové, auf Potaschhof geboren.“
- Haut ass um Potaschberg net nëmmen eng regional Industriezon – zënter 1989 – an eng kommunal Gewerbezon – zënter 2004 – mä hei ass och e bedeitend Réimermonument, wat 1972/73 fräigeluecht an duerno restauréiert ginn ass.

## Rue Victor Prost

---

**D'rue Victor Prost, déi de 25. Mäerz 1991 am Gemengerot guttgeheescht ginn ass, verbënnt de Prosteneck iwwer d'Webergaass (rue des Tisserrands) an de Stued (rue des Bateliers) mat der Wäistrooss (Route du Vin).**

- D'Strooss, déi eréischt nom 2. Weltkriech ausgebaut ginn ass, huet viru d'ru Mittelerer Moselweg geheescht. Nach viru war et d'Schukkengässel – um Plang vun 1824 – d'Schuckengässchen beim Anton Wagner (1) an duerno d'Prostgässel.
- De Victor Prost (33), gebuer den 2. September 1891 zu Gréiwemaacher, gestuerwen de 7. Juni 1959 zu Gréiwemaacher, war de Fils vum Mathis

Prost. Hien huet no sengem Studium zu Antwerpen mat sengem Brudder Nicolas Prost d’Firma Mathis Prost iwwerholl, där hier Wéi um Prosten-eck stoung, a se erweidert an ausgebaut.

- De „Proste Vic“ huet sech jorzéngtelaang an der Gemengepolitik engagéiert, war vun 1919 u Conseiller, kuerz duerno Schäffen a vun 1929 bis zu sengem Doud 1959 Buergermeeschter vu Gréiwemaacher.
- Hie stoung un der Wéi vum 1. Maacher Wäimoart (1925); ënner him huet 1939 déi kantonal Onofhängekeetsfeier stattfonnt; hien hat ganz vill Verdéngschter ëm Maacher, wéi d’Uertschaft nom Krich erëm opgebaut ginn ass; hien huet eng wichteg Roll gespilt, bei der 700-Joarfeier vum Fräiheetsbréif (1952); hie war mat „Ons Jongen“ déi dreiwend Kraaft fir „Kräizerbiereg a Kräizkapell – Monument fir Ons Jongen“ (1956); hie war e grouesse Förderer vun der Kultur zu Maacher, z. B. huet hie sech agesat fir d’Seimetz-Ausstellung, déi am Mee 1959 zu Maacher am Stadhaus war. Kuerzëm, de Victor Prost ass als „de Borgemeester“ an d’Geschicht vu Maacher agaang.

## De Prosteneck

- Um Prosteneck (34) – am Maacher Dialekt Prosteneek – dem Mëttelpunkt an där „gudder Stuff“ vu Gréiwemaacher, hunn d’Hauptstroossen Tréier-Diddenhewen an Tréier-

Lëtzebuerg sech gekräizt. Iwwer dës Kräizung sinn dichteg Leit ewéi de Goethe (1792) an den Napoleon (1804) a Maacher agezunn. De Prostenek, op deem zënter 1989/90 d’Kondschafter vum Sculpteur Guy Charlier vun Tréier stinn, krut säin Numm, wéi scho gesot, vum éischte Geschäft vun der Firma Mathis Prost, dat 1847 hei opgaang ass. D’Kondschafter um Buer sinn no engem Motiv vum Muselmoler Jean-Pierre Beckius (1899-1946) entstan. Si hu fréier Reklamm fir eise gudde Muselwéngchen a seng Fester zu Maacher gemaach.



De Prosteneck mat Vue op dat Gebai, wou d’Wéi vun der Firma Mathis Prost stoung. (Foto: Monique Hermes)



- „Der Nabel der Stadt, um einen homerischen Ausdruck zu gebrauchen, ist der ‚Prosten Eek‘. Dort ist der Knotenpunkt, wo die großen Weltstraßen nach Trier, Luxemburg, Metz zusammenlaufen, ohne von der Prostengässel zu reden, die zum Strande führt. Von den hundert und tausend Automobilen, die an schönen Tagen zwischen Luxemburg-Trier und Trier-Metz einherflitzen, ist kaum eines, das nicht am Prosten Eek vorbeikommt. Man bedenke übrigens, dass diese Drei-Länder-Ecke geschichtlichen Ruhm aufzuweisen hat. An dem Briefkasten des „Roten Hauses“ (haut: Bijouterie Hoffmann) sind, untrüglichen Überlieferungen zufolge, der große Goethe und der erste Napoleon vorbeidefiliiert. (...) Der ruhende Pol aber in der ganzen Bewegung ist das Haus, das dem ganzen Umkreis den Namen gibt, nämlich das ‚Al-Prosten-Haus‘ (haut: Filiale der BGL-BNP-Paribas).“ Dat schreift den Distriktskommissär Jos. Faber (8) an där Broschür, déi scho méi dacks zitíert ginn ass.

- Am Historik vun der Firma Mathis Prost (35) heescht et: „Das Unternehmen findet seinen Ursprung im Jahre 1847 in einer Kolonialwarenhandlung in der Moselmetropole Grevenmacher. Mathis Prost aus Remich (\*4. August 1825) eröffnete in diesem Jahr sein Geschäft. (...)“ Domat ass den Numm vum Haupttreffpunkt vu Gréiwemaacher definitiv gekläert.

## Beim Ale Quai

---

**D’Strooss Beim Ale Quai ass an der Gemengerotssätzung vum 11. Februar 2022 guttgeheescht ginn. Si féiert vun der Tréiererstrooss (rue de Trèves) aus laanscht d’Tennisfelder op d’Muselpromenad.**

## Quartier

---

**De Quartier ass eng Sakgaass, déi vun der rue de la Moselle ausgeet.**

## Réimerwee

---

**De Réimerwee krut säin Numm an der Gemengerotssätzung vum 11. Februar 2022. D’Strooss verbënnt d’RN 1 um Potaschbiërg mat dem Réimermonument, dat schonn zitíert ginn ass.**

## Rue des Remparts

---

**D’Réngmauerstrooss (rue des Remparts) verbënnt d’Maartplaz (Place du Marché) mat der rue des Tanneurs a weider mat der Weckerstrooss (rue de Wecker).**

- D’Réngmauerstrooss ass eng vun deene véier Stroossen, déi laanscht d’Stadmauer gounge. Dofir hu verschidden Haiser an där Strooss nach e Festungstur als hënnescht Wand. Um Festungsplang heescht se Rampartsgasse oder Ringmauer. Beim Anton Wagner (1) ass hiren Numm Ringmauergasse. D’Strooss ass fréier bis erof an d’Tréierer-

strooss (rue de Trèves) gaang, wou bis an d'19. Jorhonnert eran och d'Tréiererpaart stoung.

- Den Duerchbroch vun der Réngmauerstrooss duerch d'Propriétéit vunde Franziskanerinnen an d'Weckerstrooss (Projet: « Le prolongement de la rue dite ‚Ringmauer-gasse‘ jusqu'au chemin dit ‚Gerbergraben‘ Grevenmacher“ (1933) – „Projet d'un chemin de communication menant de la ‚Ringmauer-gasse‘ par la propriété des Sœurs de charité de l'ordre St-François d'Assise au chemin de Wecker (1934) » ass, wéi al Pläng et aussoen, eréischt an den 1930er Jore gemaach ginn.

## Schaackegässel

---

**D'Schaackegässel läit an der ieweschter Groussgaass an et kënt een iwwer eng Trap an d'Kofferschmattgässel.**

- Den Numm vun der Gässel geet méi wéi sécher op eng wichteg Persoun zrëck, déi an der Zäit do gewunnt huet.

## Schaffmill

---

**D'Schaffmill (rue Schaffmill) verbënnt de Kummert (rue Kummert) mat der Meechtemer Strooss (rue de Machtum) (RN1).**

- Um Festungsplang ass d'Strooss als Schiffmühlerweg agedroen. D'Wuert kënt vum däitsche „Schiffmüh-

le“, dat ass eng Waassermillen, déi um Waasser operéiert ass (ganz dacks ass och nach d'Wunneng vum Mëller dran.) Am Buch „Die Mühlen des Luxemburger Landes“ (36) gëtt dës Mille ganz genee beschriwwen, an zwar mat engem éischte Verweis op d'Joer 1359: „1359: Wenzel von Böhmen, Herzog von Luxemburg, gibt bekannt, dass die Mühle, welche zwischen Machern und Wellen liegt, durch die Gewalt des Eises und des Wassers zerstört worden ist – und neu aufgebaut werden soll. (...) Hier handelt es sich um die Schiffmühle, an deren einstiges Bestehen noch der Flurname ‚an der Schaffmill‘ und der ‚Schaffmillewe‘ erinnern. – Die Mühle soll sich auf einem Moselarm befunden haben, der am Eingang der Stadt zur Seite von Machtum, begann, durch den heutigen ‚Stued‘ fließt und sich mit der Mosel in der ‚Laangwis‘ unterhalb des städtischen Gaswerks wiedervereinigte. Zwischen diesem Moselarm und der Mosel selber befand sich also eine Insel, von der im 13. und 14. Jahrhundert öfter wegen Streitigkeiten mit der Stadt Trier die Rede geht. (...) Die ‚moulin sur bastaux flottant sur la Moselle‘ (...) sei am 4. Dezember 1608 weggerissen und zerstört worden. – Die Schiffmühle wurde trotzdem wieder später hergerichtet. (...) Wahrscheinlich stand die Schiffmühle seit dem Ende des 17. Jahrhunderts, als der Moselarm zugeschüttet wurde, wieder in der Mosel selber, oberhalb der (heutigen) Kellerei Bernard-Massard, etwa dort, wo der ‚Schaffmillewe‘ sich dem Moselfluß näherte.“

- An enger méi laanger Erklärung mat dem Titel: „Die Schiffsmühle in der Flusslandschaft“ heescht dem Emile Erpelding seng Aleeung: „Auf der Mosel im Luxemburger Abschnitt gab es zwei Schiffsmühlen, eine in Grevenmacher und eine in Remich. Die ‚Schaffmill‘ in Grevenmacher stand bereits 1359 auf dem Wasser. Sie verschwand gegen Ende des 18. Jahrhunderts.“
- Och op industrie.lu geet 1608, 1698 a 1711 Rieds vun esou enger Millen zu Gréiwemaacher, z. D. mat Verweis op dem Emile Erpelding säi Buch. Op deem Site gétt de „Schiffmühlenweg“ eng éischte Kéier 1767 genannt.
- Och den Hurt schwätzt a senger Kartular-Chronik (12) vun dëser Muselinsel: „Ein Arm der Mosel soll früher dicht an Grevenmacher vorbeigeflossen sein und so eine Insel gebildet haben; dieser Moselarm, welcher den unteren Festungsgraben der Mosel entlang speiste, wurde (nach Knaff, S. 122) wahrscheinlich zu gleicher Zeit wie die Gräben aufgefüllt (...)“

## Schiltzenplatz

**D’(rue) Schiltzenplatz verleeft laanscht d’Schiltzeplaz a verbënnt d’Tréiererstrooss (rue de Trèves) mat der Garerstrooss (rue de la Gare).**

- D’Schiltzeplaz huet eng laang an interessant Geschicht (37). Eng ausféierlech Beschriewung vun der Plaz

liwwert äis den Distriktskommissär Jos. Faber an där Broschür, déi mer scho méi dacks zitéiert hunn (8).

- De fréieren Numm war „In den Schiltzengärten“, an déi Gäert waren zesumme mat dem Haus an de Ställ op der Plaz vun enger Zort Réngmauer ëmginn. “Bis gegen 1860 war der hochansehnliche Schiltzenhof eines der Gasthäuser an der großen Heerstraße, wo Diligencen ausspannten und andere Fuhrwerke anhielten. (...) Weitere Gärten dehnten sich bis zum Schweinsmarkt hin”, schreift de Faber.
- Dee leschten Aubergist a Postmeeschter op der Schiltzeplaz war e gewësse Jean Schiltz-Huberty – hien huet deemno der Plaz hiren Numm ginn. Géint 1860, well d’Geschäfte net méi gelaf sinn – 1857 war de Postkutschendéngscht mat Päerd ofgeschafft ginn – huet d’Gemeng Gréiwemaacher dat risegt Uwiese “fir en Apel an e Stéck Brout”, nämlech fir 17.000 Frang, kaaft. An d’Ställ an an d’Scheiere si Schoule komm, an am Hotel huet de Schoulmeeschter gewunnt. Fir d’éischt wäeren am Schiltzenhuf d’Jongeschoulen ënnerbruecht gewiescht, spéider hätten d’Schoulschwëstere do Anzug gehal mat klenge Meedercher – erënnere mer drun, datt d’Schoulschwëstere (Religieuses de la Doctrine Chrétienne) zu Maacher gewierkt hu vun 1857 bis 1992. Am Joer 1890 ass den “Hôtel de la Sous-Préfecture” an der Auberge installéiert ginn.
- Ufanks des 20. Jorhonnerts huet

d’Stad Gréiwemaacher dee grouse Bering vun de Schiltzegäert, dee bal bis op de Schwéngsmaat gaang ass, als Bauland verkaaft, “was der Stadtkasse nicht weniger als das Dreifache dieser 17 Tausender einbrachte”, erklärt de Jos. Faber, deen och d’Gäert genee situéiert, nämlech tëscht dem deemolegen Hôtel Hastert an de Schoulen, déi du scho verlooss waren, well déi nei Primärschoul op Koppgeban gebaut gi war.



D’Schiltzeplaz mat der Post am Joer 1940.  
(Foto: Gemengenarchiv Gréiwemaacher)

- Haut markéiert dee stattleche Bau, wou d’Post dran ass, d’Schiltzeplaz, an dat schonn zënter den 1930er Joren. D’Postgebai ass Mëtt der 1930er Jore gebaut an den 1. Abrëll 1937 ageweit ginn. Am Gebai ass och den

“Enregistrement” ënnerbruecht. An eng Zäit laang war d’Distriktskommisariat dran. Wéinst der Post huet d’Schiltzeplaz an den 1940er Joren eng Zäitlaang dann och “Place de la Poste” geheescht, wéi een op ale Postkaarte liese kann.

- Zënter dem Juli 1998 steet dat monumentaalt Bech-Monument op der Plaz, zur Erënnung un de Joseph Bech (1887-1959). Zënter der Mëtt vum 18. Jorhonnert fanne mer nämlech Spure vun der Famill Bech zu Gréiwemaacher. “Joseph Bech ist eine derjenigen Persönlichkeiten, welche die luxemburgische Politik des XX. Jahrhunderts maßgeblich bestimmt haben”, huet de Maacher Historiker a Professor Emile Krier (1949-2002) 1989 an engem ausféierleche Bäitrag iwwe e grouse Staatsmann an Broschür fir 20 Joer Lycée Technique Joseph Bech, déi schonn eng Kéier zitéiert ginn ass (29), geschriwwen. Kee Wonner also, datt d’Bech-Monument op der Schiltzeplaz zu Maacher – an domat quasi vis-à-vis vun deem Haus, dat als „Bechen-Haus“ bekannt ass – steet. Kee Wonner och, datt ee Maacher Jong, nämlech deen international unerkannte Sculpteur an Architekt Rob Krier, gebuer 1938 an der Muselméropol, an den 1990er Jore mat dem Ausschaffe vun där 2,50 m héijer Bronzefigur vun engem Staatsmann vu Format beoptraagt ginn ass. An nach eng Kéier kee Wonner, datt de Maacher Lycée laang Joren den Numm “Lycée Technique Joseph Bech” oder LTJB gedro huet...

## Rue Mathias Schou

**D'rue Mathias Schou – dit « blannen Theis » – verbënnt d'Diddenhewenerstrooss (rue de Thionville) iwuer d'Webergaass (rue des Tisserands) an de Stued (rue des Bateliers) mat der Wäistrooss (route du Vin). De Stroossennumm ass an der Gemeengerotssëtzung vum 25. Mäerz 1991 guttgeheescht ginn.**

- Bis dohin huet d'Strooss Oberer Moselweg geheescht. An et kinnt gutt sinn, dass den Anton Wagner (1) vun där Strooss schwätzt, wann en „die Oberstränk“ nennt. Um Plang vun 1824 ass d'Strooss als Moselweg agedroen. Et muss ee wëssen, dass zu deem Zäitpunkt nach keng Bréck Maacher mat Wellen (D) verbonnen huet.
- De Mathias Schou (38) – alias Blannen Theis – ass den 30. Mäerz 1747 zu Gréiwemacher gedeeft ginn an den 18. Oktober 1824 zu Eech bei der Stad gestuerwen. Hien huet vu klenge u schlecht gesinn („malvoyant“) a sollt sech spéider als Spillmann duerch d'Liewe schloen. Dobäi ware seng Fra a säin Hond, grad ewéi seng Gei, seng trei Begleeder.
- De Blannen Theis, dee sengerzäit déi éischt Liddercher an eiser Sprooch virgedro hätt, krut duerch d'Gedicht vum Edmond de la Fontaine (Dicks) „De blannen Theis“ eng Plaz an der lëtzebuurger Literaturgeschichte. Dat Gedicht gouf 1991 vum Maacher Schoulmeeschter Johnny Weis vertount.

- Schonn 1974 hat d'Post dem Maacher Spillmann fir säin 150. Doudesdag en Timber zouerkannt, an zënter 1991 huet hien am Agank vun der Maacher Foussgängerzon e Monument, dat de Wil Lofy (1937-2021) geschaf huet. Wéi d'Monument de 26. Oktober 1991 ageweit ginn ass, huet de Maacher Kannerchouer „Muselfénkelcher“ d'Lidd „De blannen Theis“ fir d'éischte Kéier gesongen.



Dem Wil Lofy säi „Blannen Theis“ an der Foussgängerzon zu Gréiwemaacher.  
(Foto: Ville de Grevenmacher)

- Dat selwecht Joer, 1991, huet de Jean Welter (1935-2006) de Mathias Schou an enger Broschür mat dem

Titel „Auf den Spuren des Blannen Theis“ (39) am Détail gewierdegt, an zënter 2006 huet de Blannen Theis och eng Plaz am Liesbuch fir Lëtzebuergesch an eiser Grondschoul, „Lies a fléi 2“.

## Rue Frantz Seimetz

---

**D’rue Frantz Seimetz verbënnt d’Centenaire-Strooss (rue du Centenaire) mat der Kellereistrooss (rue des Caves).**

- De Frantz Seimetz („Korriesch Frantz“) (40) ass den 21. Abrëll 1858 zu Gréiwemaacher op d’Welt komm an de 26. Oktober 1934 an der Stad am Rollengergronn gestuerwen.
- No senger Primärschoul zu Maacher huet de Seimetz Beaux-Arts an europäesche Stied studéiert. Als „Weltbummler“ ass hie vill gereest, och an Amerika, wou hien ë. a. um Mississippi op engem Hausboot ënnerwee war.
- 1897 huet de Frantz Seimetz sech mam Marie-Antoinette Bourger vun Arel bestuet; d’Koppel huet ë. a. zu lechternach, Arel a Lëtzebuerg gewunnt a sech ganz vill Reesen an d’Ausland gegénnt.
- Zu Gréiwemaacher, deem hien zäitliewens verbonne blouf, war de „Seimchen“ Member vum „Touristeklibbchen“, an hien ass wuel och den Auteur vun Text a Lidd „D’Krunnemécken“.
- De Frantz Seimetz huet senger No-

welt ganz vill schéin Tableaunen hannerlooss. Hie war e Meeschter am Portraitéieren – och am „Selbstportrait“. Seng Heemechtsstad huet de Seimetz op e puer Rötel-Zeechnungen (Sanguinen) veréiwegt. Seng éischt grouss Ausstellung zu Maacher hat hien 1882 selwer organiséiert. Duerno hat hien nach vill aner Ausstellungen an der Stad an zu Maacher. De Seimetz war och deen éischte lëtzebuurger Kënschtler, dee vu senger Konscht liewe konnt.

- Um Enn vu sengem Liewen huet de Frantz Seimetz 4 Bichelcher mam Titel „Der Feuersalamander – Einfälle und Ausfälle“ (1931-1934) geschriwwen. Dat Wierk ass duerno schonn zweemol opgeluecht ginn.
- De Moler, Schrëftsteller a Weltbummler Seimetz, dee ganz dacks gewierdegt ginn ass, ë. a. 1973 an enger Seimetz-Monographie, huet der Stad Lëtzebuerg an der Stad Maacher imposant Sammlunge vu senge Wierker hannerlooss, an hien ass a senger Heemechtsuertschaft an doriwwer eraus bis haut eng bedeutend Perséinlechkeet bliwwen.

## Rue du Stade

---

**D’rue du Stade läit am Quartier Flohr a verbënnt d’Mënscheckerstrooss (rue de Muenschecker) iwwer d’Strooss Op Flohr a laanscht de Stadion mat der Leitschbaach.**

- Wéi den Numm et seet, huet d’Strooss eppes ze di mam Stadion

„Op Flohr“, deen de 6. Oktober 1985 ageweit ginn ass. Vun den 1980er Joren un ass och d'Neibaugebitt am Quartier „Flohr“ entstan.

## Rue Syr

---

**D'Syr (rue Syr)** ass eng vun deene véier Maacher Gaassen, déi direkt bannent der Stadmauer louchen. D'Gaass verbënnt d'Lëtzebuurgerstrooss (rue de Luxembourg) iwwer d'Kierchestrooss (rue de l'Église) ewech mat der Diddenhewenerstrooss (rue de Thionville).

- Um Festungsplang ass d'Strooss als Syrgasse agedroen, an um Plang vun 1824 als rue de la Sirre. Den Anton Wagner (1) kennt se als Syrgasse. An der Syr ginn et nach Haiser, déi als hënnescht Wand e Festungstur hunn, ë. a. de westlechen Ecktur vun der Stadmauer.
- Den Numm vun der Gaass ass a bleift e Rätsel. De lëtzebuurger Floss Syr, en 32 km laangen Niewefloss vun der Musel, beréiert d'Gemeng Gréiwemaacher nëmmen op engem klinzeg klengen Stéck, just éiert en um Gebitt vum Mäerter Hafen an d'Musel leeft.
- Um Kadasterplang vun 1824 heescht d'Strooss, wéi gesot, rue de la Sirre. Huet den Numm eppes ze di mat engem Schäffen, dee Maacher an der Zäit hat, dee sech ëm déi manner bemëttelt Leit bekëmmert huet an dee Syrr(h)é geheescht huet? Wollten d'Leit hien aus Dankbarkeet an enger Strooss veréiwegen? Dat wär

eng méiglech Erklärung, awer beluegt ass se net...

## Rue des Tanneurs

---

**D'rue des Tanneurs** verbënnt d'Schoulstrooss (rue de l'École) mat der Lëtzebuurgerstrooss (rue de Luxembourg).

- Um Plang vun 1824 heescht d'Strooss Chemin de Manternach.
- D'Strooss erënnert – grad ewéi de Fossé des Tanneurs – un d'Gierwer, déi hei gewunnt hunn, well d'Strooss no bei der Rouderbaach war. Um Festungsplang ass d'Strooss net genannt. Laanscht d'Rouderbaach geet deen agezeechente Wee awer weider no uewen, an dat Stéck huet den Numm „Kiem durch Schuckkenhiel“. Dem Anton Wagner (1) seng Erklärung zur Schuckkenhiel ass déi hei: „Die ‚Schuckkenhöhl‘ ist nordwestlich von Grevenmacher, die Stelle, wo zur Zeit der Einnahme und Zerstörung des Städtchens durch Albrecht von Brandenburg, im 16. Jahrhundert, (Anm.: 1552), die Schwieden (Schweden oder Protestanten) einstürmten.“ Des Weidere solle sech jo och op dëser Plaz d'Hexen aus der Géigend fir den Hexendanz getraff hunn...

## Rue de Thionville

---

**D'Diddenhewenerstrooss (rue de Thionville)** ass eng vun den Haaptstroosse vu Maacher. Si verbënnt de Prosteneck – an domat den Zentrum



– iwwer d’Poststrooss (rue de la Poste), d’Syr (rue Syr) an d’rue Mathias Schou ewech mat dem Kummert (rue Kummert).

- Um Festungsplang heescht d’Strooss Diedenhofergasse, an d’Diddenhewener Paart, déi ongeféier do stoung, wou haut d’Spuerkeessfilial ass, ass agezeechent als Diedenhofer Thor. No bei där Paart war och den östlechen Ecktur vun der Stadmauer, vun deem et keng Spure méi ginn, et sief dann de „Spuerkeesstur“. Um Plang vun 1824 ass se als rue de Thionville agezeechent. Och den Anton Wagner (1) kennt d’Strooss als Diedenhofener Straße.

## Rue des Tisserands

D’Webergaass (rue des Tisserands) ass eng vun de véier Gaasse laanscht déi fréier Stadmauer, an der et nach Haiser ginn, déi als hënnescht Wand e Festungstur hunn, ë. a. den östlechen Ecktur vun der Stadmauer. Si verbënnt d’Tréiererstrooss (rue de Trèves) iwwer d’rue Victor Prost ewech a laanscht eng Partie kleng Gaasse mat der rue Victor Prost.

- D’Webergaass, an där fréier d’Wiewer hire Wiewstull opgeschlo haten, huet net ëmmer esou geheescht. Um Festungsplang ass hiren Numm Unterste Rampartgasse, um Plang vun 1824 ass et d’rue des Tisserands. Den Anton Wagner (1) gëtt se als Rampartgasse un.

## Rue de la Tour

D’Turgaass (rue de la Tour) verbënnt d’Réngmauerstrooss (rue des Remparts) iwwer d’Spidolstrooss (rue de l’Hôpital) mat der Lëtzebuergerstrooss. Et ass eng vun deene véier Gaasse laanscht d’Stadmauer, an där nach eenzel Haiser als hënnescht Wand e Festungstur hunn. Dat gesäit een z. B. am Park vum HPPA.

- D’Turgaass hat verschidden Nimm. Um Festungsplang heescht se Oberste Rampartgasse oder Thurmgasse. Um Plang vun 1824 ass et d’rue de la Tour, an den Anton Wagner (1) bezeechent se als Thurmgasse. An der méi rezenter Vergaangenheet huet d’Gaass och alt emol rue des Bastions – Tourgâss geheescht.



An der Fräilichtgalerie Turgaass kann ee sech iwwer d’Maacher Geschicht informéieren.  
(Foto: Alain Goedert)

- An engem däischteren Eck vun där schmueler Gaass war an der Zäit mat dem Kundel deen eenzege Wäschbuer bannt der Stadmauer. Sichtbar Spure vum deem Kundel ginn et awer zënter dem 2. Weltkrich keng méi. 2003 huet d'Gemeng an der Turgaass no beim fréiere Kundel eng al Scheier kaaft, an där 2009 de Wäschbuer op Ureegung vum Maacher Syndicat d'Initiative et de Tourisme nogebaut ginn ass. Zënter dem Mäerz 2010 leeft d'Waasser erëm an deem Nobau vum Kundel, fir deen den Architektbüro WeB 2011 de Stolpräis krut. An enger Galerie um 1. Stack sinn Informatiounen iwver d'Baxeras-Gäert an iwver déi bedeidend Ausgruwungen, déi 2003 do gemaach goufen: méttelalterlech Grouwenhaiser, de Grondrëss vun enger bis dato onbekannter Kierch an e grouse Kierfecht.

- An der Turgaass huet d'Stad Gréiwemaacher 2013 nieft dem Nobau vum Kundel d'Fräilliichtgalerie Turgaass geschaf. Op sechs groussen, illustréierte Panneae kann ee vill Wëssenswäertes iwver déi geschichtsträchteg Vergaangenheet vu Maacher liesen a kucken. Mat enger Copie vun där stëmmungsvoller Lithographie vu Gréiwemaacher vum Franz Heldenstein aus dem Joer 1850, a mat engem grouse Relief, op deem déi befestegt Alstad duergestallt ass, gött d'Maacher Geschicht ageleet.

## Rue de Trèves

D'Tréiererstrooss (rue de Trèves) verbënnt de Prosteneck am Zentrum vu

Maacher laanscht d'Osburghaus, wou fréier en Zivilhospiz dra war a wou och d'Tréierer Paart stoung - si ass eréischt 1812 ofgerappt ginn – iwver de Kreesverkéier beim Kulturhuef a weider laanscht de Päiperleksgaart mat der N1 a Richtung Mäertert-Waasserbëlleg. Et ass ouni Zweiwel eng vun deene längste Stroosse vu Maacher.

- Um Festungsplang heescht d'Strooss Triergasse, an d'Trierthor ass agezeechent. Um Plang vun 1824 ass et d'rue de Trèves, an den Anton Wagner (1) nennt se Trierische Straße.



Eng Stroossenzeen am Joer 1922 an der Tréiererstrooss.

(Foto: Gemengenarchiv Gréiwemaacher)

## Rue Jean-Pierre Urwald

D'rue Jean-Pierre Urwald verbënnt d'rue des Fleurs mat der Gewan (An der Gewan) a läit am Quartier Pietert. Si gouf an der Gemengerotssëtzung vum 26. Mee 1995 guttgeheescht, a si erënnert un dee Buergermeeschter, dee sech ufanks der 1970er Jore grad an där Strooss fir erschwéngleche Wunnraum agesat huet.

- De Jean-Pierre (Jemp) Urwald (sen.) (41) ass den 29. Januar 1905 zu Gréiwemaacher um Stued als Jong vun enger Handwierkerfamill op d'Welt komm an den 20. Januar 1994 zu Gréiwemaacher gestuerwen. Hien huet scho ganz jonk d'Wonerhandwierk geléiert a sech op de Karosseriebau spezialiséiert. Hie war awer och der Landwirtschaft an dem Wäibau verflücht. An als Veräinsmënsch huet hie sech a ville Maacher Veräiner engagéiert.

- Dee frëndlechen a gesellege Mann huet sech fir e gesonde Mëttelstand a fir de Wënzer- a Bauerestand agesat. Vun 1945 bis 1981 war hie politesch aktiv, als Gemengerot, als Schäffen an tëscht 1970 an 1975 als Buergermeeschter vun der Muselmetropol. 1969 gouf de Jemp Urwald als Vertrieeder vum Ostbezierk an d'Chamber gewielt, wou hien 20 Joer laang als CSV-Deputéierten d'Muselregioun vertrueden huet a sech als Volleksvertrieeder, dee säin Numm net gestuel hat, onermiddlech fir d'Belaange vun de soug. „klenge Leit“ agesat huet.

- Am Jemp Urwald sengem Woneratelier ass zënter 2008 op Bedreiw vum Georges Urwald, dem Enkel vum Jemp Urwald sen., dee bekannnten a beléiften private Stuedtheater, dee vun enger Asbl verwalt gëtt.

## Rue des Vignes

---

**D'rue des Vignes ass d'Fortsetzung vum Pietert (rue Pietert), dee si iwwer d'Strooss „In der Loch“ mat der**

**Meechtemer Strooss (rue de Machtum) an domat mat der N10 verbënnt. De Stroossennumm ass an der Gemengerotssëtzung vum 25. Mäerz 1991 beschloss ginn.**

## Route du Vin

---

**D'rout du Vin, d'Wäistrooss laanscht d'Musel, gëtt zu Maacher 1963 – mat der Kanaliséierung vun der Musel – als „Route du Vin“ geschaf. Et handelt sech ëm d'N10, déi am Kreesverkéier beim Kulturhuef ufänkt.**

- Um Festungsplang ass laanscht d'Musel nach de Leinpfad agedroen, an um Plang vun 1824 heescht d'Strooss Chemin de halage. D'Wäistrooss (Route du Vin) geet fir d'éischt nach e Stéck an d'Schaffmill (Rue Schaffmill) an dann an d'Meechtemerstrooss (Route de Machtum) iwwer. Et gëtt d'Wäistrooss iwwerens net nëmmen zu Maacher.

## Rue de Wecker

---

**D'Weckerstrooss (rue de Wecker) verbënnt d'rue des Tanneurs iwwer de Schorenhuef (iwwer deen een op industrie.lu interessant Informatiounen fënnt) mat der Nopeschueft Wecker (an der Gemeng Biver).**

- D'Strooss ass op kengem ale Plang agedroen. Allerdéngs fanne mer um Festungsplang a Richtung Wecker de Kiem durch Schuckkenhiel op dee mer scho bei der rue des Tanneurs higewisen hunn.

## Im Wei(h)er

---

**De Weier (Im Weiher) läit am ieweschten Deel vu Maacher, an d'Strooss verbënnt d'Mënscheckerstrooss (rue de Muenschecker) mat dem ieweschten Deel vun der Hiel (rue Hiel).**

- Op där ondatéierter Buedemkaart, déi schonn zitéiert ginn ass, fënnt een de Flouernumm Im Weyer.

## Zéilewee


---

**Den Zéilewee verbënnt d'Manternacherstrooss (rue de Manternach) op der Kräizung mat der Mënscheckerstrooss (rue de Muenschecker) mat der Leitschbaach (Leitschbach). D'Strooss ass guttgeheescht ginn an der Gemengerotssëtzung vum 26. Mee 1995.**

- Den Zéilewee erënnert un d'Zillefabriken, déi et an der Zäit an der Ëmgéigend vun dësem Wee zu Maacher gouf. Op industrie.lu (42) fanne mer interessant Donnéeën dorower. Ënner „Dachziegelfabriken“ sinn eng Partie Zement-Zillefabriken, resp. Zillebrennereien opgelëscht, déi et fréier zu Maacher gouf, nämlech „Zementziegelfabrik Bastian-Weyland A. (ab 1927), Briqueterie de Grevenmacher (1893), Köhler (site Cactus – haut Garage Schmit), Zementziegelfabrik Limbourg Franz, an d'Ziegelbrennerei Lessel-Ritter.
- Eng dovun louch am Manternacherwee, „op der Rausch“. Dëse Flouernumm fanne mer och op der

Buedemkaart. Dat war d'Zillefabrik vum fréiere Friddensriichter Peter Lessel-Ritter, deen och Geschäftsmann („Kaufmann“) a vun 1830-1833 an nach eng Kéier vun 1843-1848 Buergermeeschter vu Gréiwemaacher war. Dës Zillefabrik ass 1865 zesumme mat dem Wunnhaus versteet ginn. Eng weider Zillefabrik war an deem Gebai, wou elo de Garage Schmit dran ass. Laut den Notiz vum Jean Welter (5) sinn déi Gebai-lechkeeten, déi spéider vun der „Fédération des Associations Viticoles“ als Ofstellraum genotzt goufen, an den 1980er Joren ofgerappt ginn, fir dem „Cactus“ Plaz ze maachen.

- Och de Philippe Knaff (2) schwätzt 1867 vun „zwei Ziegelfabriken, deren vorzügliche Fabrikate vielen Absatz finden.“



De Festungsplang vu Maacher am Buch vum Philippe Knaff (1867).  
(Gemengenarchiv Gréiwemaacher, zur Verfügung gestalt vum Jemp Urwald jr.)

## Quellen:

- (1) Alterthümliche Merkwürdigkeiten der Stadt Grevenmacher. Eine Sammlung von Sagen und Märchen, Sitten und Gebräuchen, Volksmeinungen, Liedern, Sprüchen, Spielen u. s. w. – gesammelt und herausgegeben und seinen Mitbürgern gewidmet von X. Mosellanus (alias Anton Wagner). Grevenmacher, 1885.
- (2) Geschichtliche Abhandlung über die Stadt und ehemalige Festung und Landrichterei Grevenmacher – von Ph. Knaff, (...). Luxemburg, 1867.
- (3) Keltische und Römische Alterthümer bei Grevenmacher, von P. K. (alias Philippe Knaff). Luxemburg, 1854.
- (4) Si ware wäertvoll fir Gréiwemaacher – Wie die Moselmetropole zu Straßennamen kam – Monique Hermes, in Gemeindebulletin 1/2018.
- (5) Straßen und Gassen (von) Grevenmacher – unveröffentlichte z. T. handschriftliche Dokumentation, zusammengestellt von Jean Welter. **Ouni dës wäertvoll Notize wär dës Opstellung net zustan komm!**
- (6) Das Harishaus in Grevenmacher – Beispiel einer Haus-Chronik. – Emile Erpelding, in Annuaire de l'Association luxembourgeoise de généalogie et d'héraldique, 1988.
- (7) Stued Theater – Internetsite: [stued-theater.wordpress.com/geschichte](http://stued-theater.wordpress.com/geschichte). Auteur: Georges Urwald.
- (8) „Bunte Kleinstadtgeschichten“ von Jos. Faber, geschrieben für die Obermosel-Zeitung und auch dort veröffentlicht während der ersten Hälfte des 20. Jahrhunderts, ausgewählt und geordnet von Jos. Hurt, als Anhang zur Broschüre „125e Anniversaire de l'Harmonie Municipale Grevenmacher 1834-1959 – Livre d'Or“, ebenfalls als Separatdruck herausgegeben.
- (9) Das ehrsame Handwerk in unserer alten Stadt – von Joseph Faber, in Grevenmacher 1252-1952 La Bonne Ville, 1952.
- (10) „... Außer dem Rampart, rund um den Stued“ – von Jean-Pierre Urwald jr, in Sapeurs-Pompiers Grevenmacher 1827-1977, Livre d'Or.
- (11) Adolf Berens – in Luxemburger Autorenlexikon, Autor: Pierre Marson.  
  
Si ware wäertvoll fir Gréiwemaacher (VII) – Adolf Berens: Tief mit seiner Heimat verwurzelt... Monique Hermes, in Gemeindebulletin 9/2018.
- (12) Grevenmacher: Einer Moselstadt geschichtliches Werden und Wachsen. Eine unveröffentlichte Kartular-Chronik über die Moselmetropole von den Anfängen bis 1800, von Jos. Hurt.
- (13) De la „curtis Machera“ à la ville-marché de Grevenmacher, Edouard M. Kayser, Hémecht 1/1993.
- (14) 500 Jahre Zivilhospiz zu Grevenmacher (1439-1939) – Festschrift zum 500. Todesjahr seines Stifters. Adolf Berens.
- (15) Si ware wäertvoll fir Gréiwemaacher (VIII) – De Victor Braun: Eng stad- a landbekannt Perséinlechkeet – Monique Hermes, in Gemeindebulletin (8/2018).
- (16) Grandes Caves B. Pauqué S. A. Grevenmacher, [www.industrie.lu](http://www.industrie.lu)
- (17) Plang vun der Stadmauer, opgestallt 1974 vum N. Folmer op der „Carte Archéologique – feuille 23 – Grevenmacher“.
- (18) Si ware wäertvoll fir Gréiwemaacher (VI) – Paul Faber: Engagiert für Grevenmacher, für die Mosel, für das Land. Monique Hermes, in Gemeindebulletin (2/2019).
- (19) Gierwerei – Tannerie – Gerberei Schorn, Grevenmacher, [www.industrie.lu](http://www.industrie.lu)



- (20) Familienchronik der Stadt Grevenmacher, Ca. 1634-1923, Band 1: A-N, Band 2: O-Z, Dr. Prosper Kayser, Paul Vanolst, 2017.
- (21) Luxemburger Wörterbuch – Band I – A-F (V, Ph), Luxemburg 1950/54.
- (22) Gold und Edelsteine aus Grevenmacher – Jean Welter, in Zack N° 7/8 15. Dezember 1985, 1. Januar 1986.
- (23) Kalkbrennerei Becker-Govers, Grevenmacher-Potaschberg – [www.industrie.lu](http://www.industrie.lu)
- (24) 150 Joer Franziskanerinnen zu Gréiwemaacher (1869-2019) – Geschichtleche Réckbléck vum Monique Hermes beim Festakt am HPPA den 1. Juni 2019.
- (25) Si ware wäertvoll fir Gréiwemaacher (IX) – Joseph Hurt: Der unermüdliche Forscher – Monique Hermes, in Gemeindebulletin 1/2019.
- (26) Der Feuersalamander III – Einfälle und Ausfälle von Frantz Seimetz, 1934.
- (27) D'Maartplaz ënner d'Lupp geholl – Monique Hermes, Video op der FB-Säit vun der Stad Maacher, am 2. Lockdown, Dezember 2020-Februar 2021 – Text op [www.grevenmacher.lu/Archivage](http://www.grevenmacher.lu/Archivage).
- (28) Vum Diegelchen an de Mäert... Will Reuland, in 18e Expo Pâques 1968.
- (29) Si ware wäertvoll fir Gréiwemaacher (II) – Der Begründer des Sozialwesens im Moselstädtchen – Monique Hermes, in Gemeindebulletin 2/2018.
- (30) 500 Jahre Zivilhospiz zu Grevenmacher (1439-1939) – Festschrift zum 500. Todesjahr seines Stifters – von Adolf Berens, 1939.
- (31) Die Post des Großherzogtums Luxemburg – N. Poos, 1951.
- (32) Potasch zu Lëtzebuerg – E puer Beispiller – [www.industrie.lu](http://www.industrie.lu)
- (33) Pottasche und Seifensiederei Grevenmacher – [www.industrie.lu](http://www.industrie.lu)  
Der Pot(t)aschberg bei Grevenmacher und die Seifensiederei – Paul Weber, Jean Welter, in Lycée Technique Joseph Bech 1969-1989.
- (34) Si ware wäertvoll fir Gréiwemaacher (V) – „De Borgemeester“ Victor Prost– Monique Hermes, in Gemeindebulletin 6/2018.
- (35) Orte mit Geschichte in Grevenmacher – Der „Prosteneek“, ein historischer Knotenpunkt – Monique Hermes, in Gemeindebulletin 9/2019.
- (36) [mathisprost.lu/de/historisch](http://mathisprost.lu/de/historisch).
- (37) Die Mühlen des Luxemburger Landes – Emile Erpelding, 1981.
- (38) Fréier an haut op der Schiltzeplaz – Monique Hermes, Video 2. Lockdown, Dezember 2020-Februar 2021.
- (39) Si ware wäertvoll fir Gréiwemaacher (IV) – „Juchheil! Ech sinn de blannen Theis!“ – Monique Hermes, in Gemeindebulletin 4/2018.
- (40) Auf den Spuren des „Blannen Theis“ (Mathias Schou) 1747-1824 – Jean Welter (1991).
- (41) Si ware wäertvoll fir Gréiwemaacher (III) – „Seimchen, Seimchen, Maacher Jong...“ – Monique Hermes, in Gemeindebulletin 3/2018.
- (42) Si ware wäertvoll fir Gréiwemaacher (X) – Jean-Pierre Urwald: Bekannt, beliebt, volksnah– Monique Hermes, in Gemeindebulletin 3/2019.
- (43) [www.industrie.lu](http://www.industrie.lu) – Zillefabriken zu Gréiwemaacher.

**E grouse Merci geet un déi Leit, déi e Bättrag fir dës Zesummestellung geleescht hunn, besonnesch un de René Sertznig an un den Tom Schartz!**

